2/2026



# Ripevusch

RIPPWEILER | EVERLANGE | USELDANGE | SCHANDEL

# Ripevusch

**Coverfoto** Marco Versall
**Relecture** Merci dem Gaby Pavant
**Layout, Conception** Apart Design Studio
**Impression** Imprimerie reka
**Tirage** 950 exemplaires

**ISSN 3028-8177**

**Redaktiounsschluss**
fir den Ripevusch 3/2026
ass den 4. November 2026

**Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d'Gemeng fannt Dir um Internet op www.useldeng.lu**

Das Kopieren oder Extrahieren von Text- oder Bildmaterial ohne entsprechende Genehmigung ist strengstens untersagt.

La copie ou l'extraction de textes ou d'images sans autorisation correspondante est strictement interdite.



# An dëser Ausgab

| | |
|---|---|
| Virwuert | 06 |
| Aus der Gemeng | 09 |
| Aus der Schoul | 38 |
| Aus der Maison Relais | 40 |
| Dat si mir | 43 |
| Aus dem Wëlle Westen | 88 |
| Gutt ze wëssen | 98 |
| Save the date | 101 |
| Telefonsbuch | 103 |



Aus der Gemeng:
Neie bezuelbare Wunnraum zu Useldeng



Dat si mir:
Éischte Familljemoment
am Bësch vun HALTO



Aus dem Wëlle Westen:
Réidener Jugendtreff

# D'Wuert vum Buergermeeschter

## *Le mot du bourgmestre*

Dëse Summer war schéin a waarem an d'Organisateure vun eise villen Manifestatiounen an der Gemeng ware méi wéi zefridden a koume voll op hir Käschten!

D'Mëttelalterfest hat rëm voll ageschloen an zigdausende Leit ware begeeschtert, den Nationalfeierdag, mol rëm um Virowend, war total gelongen, de Bësch un den Dësch zu Rippweiler, de Castleride zu Useldeng, den Duckrace zu Iewerleng, den Ofschlossconcert vun der Harmonie, den Open Air-Festival vum Club des Jeunes, d'Christophorusfeier zu Schandel, de Castle-Fun vun der Kommissioun vum Vivre ensemble an d'Grottefeier zu Rippweiler haten alleguer kee Ree gesinn- an sou war et normal-, dass d'Stëmmung iwwerall herrlich gutt war!

Den Highlight war awer ouni Zweifel d'Vereedigung vu 56 Rekrutinnen a Rekruten vun der 209. Sessioun vun eiser Arméi den 28.Juli am Buerghaff.

Dass eist Land an den Zäite wéi se haut sinn, de Budget vun der Verteidigung muss opstocken, ass enger grousser Majoritéit vu Leit bewosst; d'Fräiheet gëtt et bekanntlich ni ëmsoss a wat d'Fräiheet ass, huet eist Land an de battere Joren 1940-45 musse materliewen...

An schonn den 3. Präsident vun Amerika, den Thomas Jefferson huet gesot: Eiweg wachsam sinn, dat ass nun emol de Präis vun der Fräiheet!

An déi wonnerbar Kuliss mat deenen zwee majestätischen Tirem huet nit nëmme bei der Arméiféierung an der Ministesch, mee och bei de Famillen ee bleiwenden Androck hannerlooss!

Schued war, dass de Site, dee jo awer nit kleng ass, et nit zougelooss huet, dass eis Biergerinnen a Bierger deem wonnerbare Spektakel nit „live" konnten nokucken...

Duerfir weise mer awer an dëser Editioun schéi Biller a vill zefridde Gesichter vu Leit, déi deelweis fir déi éischte Kéier zu Useldeng waren.

Et fält op, dass ëmmer méi, vill Leit eis besiche kommen an déi beharrlich a kontinuéierlech Publicitéit, och vun eisem Tourist-Info Büro, dréit lues a sécher seng Friichten!

Mat eisem politesche Mandat si mir, no 3 Joer, an der Halbzeit ukomm an deen nächste Waltermin steet schonns virun der Dier an ass elo kierzlech op de 14. Oktober 2029 fixéiert ginn.

Mir krute quasi alles op d'Schinne gesat, wat an der Schäfferotserklärung geplangt war, an de Gros wäert och-sauf imprévu- bis dohi realiséiert sinn!

Fir eis Beméiungen am Klimapakt si mir belount ginn a kréien am Hierscht den Zertifikat a Gold iwwerreecht!

Duerfir ee grousse Merci un eist Klimateam, déi sech vill Méi ginn hunn, dëst Zil ze erreechen ; Bravo!

Nieft eise bekannte Chantier'e schaffe mer also weiderhi konsequent un der Entwécklung vun eiser schéiner Gemeng...

Ganz rezent krute mer dann och elo vum Mobilitéitsministère d'Geneemegung fir an der Schandelerstrooss, am Beräich vun der Schoul, sougenannten „Berliner Kissen" ze installéieren!

Dëst dierft wesentlech derzou bäidroen den Tempo vum Verkéier ze reduzéieren an domat automatesch och een nach méi séchere Schoulwee ze garantéieren.

Mam Minister Claude Meisch an de Vertrieder vum Fonds de Logement hu mir den 2.Juli déi 12 nei Wunnengen um Helpersbierg/Schéissbierg ageweit an déi am fréiere Klouschter op der Béiwenerstrooss kommen am Oktober no.

Bis Enn 2026 kënnt d'Gemeng domat op 39 bezuelbar Logementer, dovunner 10 Haiser am Verkaf an 29 Logementer an der Locatioun.

Eis Gemeng wiisst also weider an dës Zuele weisen däitlech ; Useldeng iwwerhëlt Verantwortung - och am soziale Beräich!

Léif Leit,

De Schäfferot war, mat den Haaptverantwortlichen vun eisem CGDIS Uganks Mee an enger Reunioun, déi den Innenminister aberuff hat a wou d'Haaptthema d'Resilienz vun de Gemenge war.

Mir kréien de Klimawandel lues a lues ze spieren ; d'Temperature vun deene leschten 2 Méint beweisen; d'Naturkatastrophen huelen zou an eis Gemenge musse Risikozenarien duerchspillen, den Tatsaachen an d'Ae kucken an sech op alles virbereeden.

A mir versichen eist Bescht ze maachen, mat engem gutt funktionéierendem Schäffen-a Gemengerot, enger gutt opgestallter Administratioun a Mataarbechterinnen a Mataarbechter an der Maison Relais, der Schoul an am Service technique, déi wëssen, wat ze maachen ass!

Duerfir gi mer, no der Schoulrentrée, ganz optimistesch an den Hierscht eran an hoffe mat Iech, dass déi vill Konflikter op der Welt endlech eent friddlecht Enn wäerte kréien!

---

*Cet été, nous avons profité d'un temps particulièrement agréable et ensoleillé. Les nombreuses manifestations organisées dans notre commune ont rencontré un beau succès, pour le plus grand plaisir des organisateurs et de toutes celles et ceux qui y ont participé.*

*La fête médiévale a une nouvelle fois rencontré un immense succès, attirant des milliers de visiteurs, tous conquis par l'ambiance et les nombreuses animations proposées. La fête nationale, célébrée après de nombreuses années à nouveau la veille au soir, a elle aussi été une belle réussite.*

*« Bësch un den Dësch » à Rippweiler, le Castleride à Useldange, le Duckrace à Everlange, le concert de clôture de l'Harmonie Useldange, le festival Open Air du Club des Jeunes d'Useldange, la fête de la Saint-Christophe à Schandel, le Castle Fun ainsi que la fête de la Grotte à Rippweiler ont tous bénéficié d'une météo idéale. Pas étonnant, dès lors, que l'ambiance ait été aussi chaleureuse et conviviale partout dans la commune!*

*Le moment fort de cet été a toutefois été, sans aucun doute, la cérémonie de prestation de serment de 56 recrues de la 209e session de notre armée, qui s'est tenue le 28 juillet dans la cour du château.*

*Dans le contexte international actuel, une large majorité de la population est consciente de la nécessité pour notre pays d'augmenter les moyens consacrés à la défense, car la liberté n'est jamais acquise à titre gratuit. Notre pays en a malheureusement fait l'expérience durant les années difficiles de 1940 à 1945, lorsque notre liberté et notre souveraineté ont été brutalement mises à l'épreuve.*

*Déjà à son époque, le 3e président des États-Unis, Thomas Jefferson, disait : « La vigilance éternelle est le prix de la liberté. »*

*Le cadre magnifique, avec ses deux tours majestueuses, n'a pas seulement marqué les esprits lors de la cérémonie militaire, notamment auprès de la ministre et des responsables de l'Armée, mais il a également laissé une impression durable auprès des familles présentes.*

*Toutefois est-il regrettable que le site, malgré ses dimensions, n'ait pas permis à nos citoyennes et citoyens d'assister personnellement à ce moment solennel.*

*Voilà pourquoi nous vous présentons, dans cette édition, de belles images et de nombreux visages souriants de personnes qui, pour certaines, découvraient Useldange pour la toute première fois.*

*On constate d'ailleurs également que de plus en plus de visiteurs viennent découvrir notre commune. La communication régulière et continue, notamment grâce au travail de notre bureau d'information touristique, porte sûrement peu à peu ses fruits !*

*Avec notre mandat politique, nous avons désormais atteint, après trois années, la moitié de notre parcours. La prochaine échéance électorale se profile déjà à l'horizon et a récemment été fixée au 14 octobre 2029.*

*Nous sommes en train de réaliser tout ce qui avait été prévu dans notre*

# Useldange assume ses responsabilités, également dans le domaine social et en matière de logement abordable

*déclaration de politique générale et, sauf imprévu, l'essentiel de nos engagements sera également concrétisé d'ici là.*

*Nos efforts dans le cadre du Pacte Climat ont été récompensés etnous aurons le plaisir de recevoir la certification « Gold » en automne.*

*Un grand merci à notre équipe Climat, qui s'est investie avec beaucoup d'engagement pour atteindre cet objectif. Bravo à toute l'équipe!*

*Au-delà des chantiers déjà bien connus, nous continuons à œuvrer avec détermination au développement de notre belle commune et à la réalisation de nouveaux projets.*

*Tout récemment, nous avons également reçu l'autorisation du ministère de la Mobilité d'installer des « coussins berlinois » dans la rue de Schandel, à hauteur de l'école.*

*Cette mesure devrait contribuer de manière significative à réduire la vitesse du trafic et, par conséquent, à garantir un chemin scolaire encore plus sûr pour nos enfants.*

*Le 2 juillet, en présence de Monsieur le Ministre Claude Meisch et des représentants du Fonds du Logement, nous avons inauguré les 12 nouveaux logements au Helpersbierg/Schéissbierg. L'inauguration des logements aménagés dans l'ancien couvent, situé rue de Boevange, est quant à elle prévue pour le mois d'octobre.*

*D'ici fin 2026, notre commune comptera ainsi 39 logements abordables, dont 10 maisons destinées à la vente et 29 logements proposés à la location.*

*Notre commune continue donc à se développer, et ces chiffres le montrent clairement : Useldange assume ses responsabilités, également dans le domaine social et en matière de logement abordable.*

*Chères citoyennes, chers citoyens,*

*Début mai, le collège des bourgmestre et échevins, accompagné des principaux responsables du CGDIS, a participé à une réunion organisée à l'initiative de Monsieur le Ministre de l'Intérieur, consacrée à un sujet essentiel : la résilience de nos communes.*

*Nous ressentons peu à peu les effets du changement climatique. Les températures enregistrées ces deux derniers mois en témoignent, tandis que les phénomènes météorologiques extrêmes et les catastrophes naturelles se multiplient. Nos communes doivent donc anticiper les différents scénarios de risque, se confronter avec la réalité et être prêtes à faire face à toutes les situations possibles.*


*De notre côté, nous nous efforçons à faire de notre mieux, avec le collège échevinal et le conseil communal fonctionnent efficacement, l'administration est bien organisée, et les collaboratrices et collaborateurs professionnels sont très tous engagés au sein de la Maison Relais que de l'école et du service technique et ils savent parfaitement ce qu'ils ont à faire.*

*Il va de soi que par conséquence nous entamons avec optimisme, après la rentrée scolaire, la nouvelle période de l'année dénommée automne.*

*En plus nous espérons, tout comme vous, que les nombreux conflits qui persistent à travers le monde trouveront enfin une issue pacifique.*



**Äre Buergermeeschter / Votre bourgmestre**



# Aus dem Gemengerot

## 22 mai 2026

### 1. Signature des délibérations du conseil communal de la séance du 17 avril 2026.

Les membres du conseil communal signent les délibérations de la séance du conseil communal du 17 avril 2026.

### 2. Etat des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2025.

Madame Tessy Anen, receveuse communale, donne les explications nécessaires quant à l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2025. Elle précise qu'en général la possibilité d'arrangement en cas de difficultés pour le paiement de factures reste toujours réalisable. Madame Manon Reichert, conseillère communale, salue cette propose.

Monsieur le bourgmestre Pollo Bodem remercie Madame Anen pour son travail exemplaire.

L'état est approuvé à l'unanimité des membres présents.

### 3. Modification budgétaire à l'exercice ordinaire 2026.

Au vu du succès pour les primes en matière d'écologie, les membres du conseil communal approuvent à l'unanimité des voix une modification à l'exercice ordinaire 2026 pour 50.000,00 € de plus concernant l'article budgétaire sur les primes en matière d'écologie.

### 4. Approbation de titres de recette.

Les membres du conseil communal approuvent à l'unanimité des titres de recette comme suit :

- À l'exercice ordinaire 2025 : 18.217,70 €
- À l'exercice extraordinaire 2026 : 5.850,00 €

### 5. Approbation de conventions.

Sont approuvées à l'unanimité des voix, des conventions de la commune d'Useldange avec l'office social du Canton de Redange (OSCARE) ; du Club Senior avec le Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre Ensemble et de l'Accueil ; du Jugendtreff du « Réidener Kanton » de même qu'une convention avec le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse concernant la mise à disposition d'une salle de classe pour des élèves présentant des troubles spécifiques du développement socio-émotionnel.

### 6.Approbation d'une résiliation.

Une résiliation d'un contrat de bail à loyer est approuvé à l'unanimité des membres du conseil communal.

### 7. Approbation d'actes notariés.

Sont approuvés à l'unanimité des voix divers actes notariés.

### 8. Droit de préemption.

Le droit de préemption concernant une parcelle sise à Useldange au lieu-dit « Um Helpersbierg » n'est pas exercé. Cette décision est prise à l'unanimité des voix.

### 9. Confirmation d'un règlement de circulation.

Les membres du conseil communal approuvent à l'unanimité des voix un **règlement temporaire de circulation.**

### 10. Fixation de la redevance relative à la participation des parents pour les élèves participant aux activités d'été « Adventure@Lënster » du 20 juillet 2026 au 31 juillet 2026.

À l'unanimité des voix, le conseil communal fixe la participation de la

redevance relative à la participation des parents pour les élèves participant aux activités d'été « Adventure@ Lënster » à 5,00 € par enfant par journée de participation.

### 11. Approbation de la résolution relative à la sortie du nucléaire et au développement des énergies renouvelables.

Les membres du conseil communal approuvent à l'unanimité des voix la résolution relative à la sortie du nucléaire et au développement des énergies renouvelables ; résolution qui déjà supportée par bon nombre de communes luxembourgeoises.

### 12. Informations et questions au collège des bourgmestre et échevins.

Monsieur le bourgmestre Pollo Bodem informe les conseillers communaux sur les sujets abordés au sein des bourgmestre et échevins et sur l'avancement de divers chantiers.

Madame Manon Reichert, conseillère communale, se renseigne sur la suite du chantier « Schandeler Bour » à Schandel. Monsieur Pollo Bodem, bourgmestre précise que le chantier est en cours et avance sans restriction majeure. Monsieur Pierre Da Silva souhaite véhément à ce que ce chantier soit terminé avant la fin de l'année 2026 ; souhait qui est soutenu par Monsieur Pollo Bodem, bourgmestre.

Monsieur Raoul Schaaf, échevin, informe les conseillers communaux de diverses manifestations : « Summerfest » de la Maison Relais, Duck Race de même que le « MoiesKaffi » qui aura lieu cette fois-ci à Rippweiler le 12 juillet 2026.

Monsieur Pierre Da Silva demande à ce que le projet concernant les bornes de recharge accepte tous les systèmes de cartes rechargeables. Les services administratifs y interviendront sans délai auprès de la société en charge du projet.

Manon Reichert demande à ce que la roue dentée de l'ancien moulin soit mise en valeur pour le public. Les responsables communaux vont analyser la situation avec le service technique communal. De même, elle se renseigne sur les chances à ce qu'un miroir de circulation soit installé sur la rue de Buschdorf à hauteur de l'intersection avec la rue Schéissbierg à Useldange. Ce dossier sera soumis pour examen aux responsables de l'Administration des Ponts & Chaussées dont une réunion est prévue prochainement pour discuter de vive voix de certains dossiers.

Monsieur Gerry Bieser demande des renseignements concernant les restrictions en matière de bruit. En ce qui concerne les bruits sur les chantiers, les dispositions y relatives sont inscrites au règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites. En ce qui concerne la réglementation du bruit en général, référence est faite sur le Code Civil.

Le prochain conseil communal est fixé au 19 juin 2026.

Séance à huis clos :

### 1. Organisation de l'enseignement fondamental, année scolaire 2026/2027 : Liste 1, proposition de réaffectation d'un(e) candidat(e) au poste vacant d'instituteur(trice) de l'enseignement fondamental (C2-4 1p SUR 100 %).

### 2. Organisation de l'enseignement fondamental, année scolaire 2026/2027 : Liste 1, proposition de réaffectation d'un(e) candidat(e) au poste vacant d'instituteur(trice) de l'enseignement fondamental (C2-4 1p SUR 100 %).

### 3. Organisation de l'enseignement fondamental, année scolaire 2026/2027 : Liste 1, proposition de réaffectation d'un(e) candidat(e) au poste vacant d'instituteur(trice) de l'enseignement fondamental (C2-4 1p ACC 100 % A26-27).

Sont nommés à huis clos 3 candidats aux postes vacants dans le cadre de l'organisation de l'enseignement fondamental en ce qui concerne l'année scolaire 2026/2027.

**Publications**

*Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, dans sa séance du 27 février 2026 a fixé le taux à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'année 2027.
Approbation ministérielle: FC04-2026-A004.*

*Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, dans sa séance du 27 février 2026 a fixé le taux à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'année 2027.
Approbation ministérielle : FC03-2026-A005.*

*Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, dans sa séance du 19 juin 2026 a modifié le règlement communal de circulation.*

*Approbation commission de circulation de l'État : ccc/rc/26/8638 du 06 juillet 2026.
Approbation ministérielle (M.A.I.): 322/26/CR du 15 juillet 2026.*

*Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, dans sa séance du 22 mai 2026 a fixé la redevance à la participation des parents pour les élèves participant aux activités d'été « Adventure@Lënster » du 20 juillet 2026 au 31 juillet 2026.
Approbation ministérielle : FC05-2026-A230.*

# 19 juin 2026

**1. Signature des délibérations du conseil communal de la séance du 22 mai 2026.**

Les membres du conseil communal signent les délibérations de la séance du conseil communal du 22 mai 2026.

**2. Approbation de l'organisation scolaire provisoire, année scolaire 2026/2027.**

Monsieur Pollo Bodem, bourgmestre et président de la commission scolaire, présente les modalités et piliers de l'organisation scolaire provisoire pour l'année scolaire 2026/2027.

L'organisation scolaire provisoire est approuvée à l'unanimité des voix à l'exception des changements prévus pour les nouveaux horaires de classe. Une telle adaptation nécessite une organisation détaillée et soignée avant tout changement des horaires de classe.

Une enquête y relative sera lancée en temps opportun auprès des parents d'élèves de la commune d'Useldange.

**3. Adoption du plan d'encadrement périscolaire pour l'année scolaire 2026/2027 de l'école fondamentale de la commune d'Useldange.**

L'adoption du plan d'encadrement périscolaire pour l'année scolaire 2026/2027 est unanimement votée.

**4. Saisine du conseil communal dans le cadre d'une modification du Plan d'Aménagement Général (PAG) au lieu-dit « rue de la Gare » à Useldange.**

Monsieur Pollo Bodem, bourgmestre, présente les modalités concernant la modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) au lieu-dit « rue de la Gare » à Useldange.

Ladite modification est approuvée à l'unanimité des voix.

**5. Approbation de titres de recette.**

Les membres du conseil communal approuvent à l'unanimité des titres de recette comme suit :

- À l'exercice extraordinaire 2026 : 12.300,00 €
- À l'exercice ordinaire 2026 : 8.638,94 €

**6. Approbation d'un crédit nouveau à l'exercice extraordinaire 2026.**

Est approuvé à l'unanimité des voix un crédit nouveau à l'exercice extraordinaire au montant de 50.000,00 € pour la remise en état de la façade de la Maison Relais à Useldange.

**7. Confirmation d'un règlement de circulation.**

Est approuvé à l'unanimité un règlement de circulation temporaire.

**8. Adaptation d'une prime de responsabilité.**

Une adaptation de la prime de responsabilité pour une collaboratrice de la Maison Relais est approuvée à l'unanimité des voix.

**9. Fixation des montants à accorder aux membres du conseil communal d'Useldange, aux membres du corps enseignant de la commune d'Useldange et aux membres du personnel de la commune d'Useldange.**

Les membres du conseil communal approuvent à l'unanimité des voix la fixation des montants à accorder aux membres du conseil communal d'Useldange, aux membres du corps enseignant et aux membres du personnel de la commune en regroupant toutes les délibérations antérieures en une seule qui reprend toutes les modalités pour le paiement des divers montants.

**10. Informations et questions au collège des bourgmestre et échevins.**

Monsieur le bourgmestre Pollo Bodem informe les conseillers communaux sur les sujets abordés au sein du collège des bourgmestre et échevins et sur l'avancement de divers chantiers.

La prochaine séance du conseil communal est fixée au 18 septembre 2026.

# Do wou geschafft gëtt




Chantier syntheeteschen Terrain




Chantier syntheeteschen Terrain



Erweiderung vun zousätzleche Griewer
um Kierfecht zu Useldeng



Upassung vun der Accessibilitéit bei der Morgue zu Useldeng



Upassung vun der Accessibilitéit bei der Morgue zu Useldeng


Gesondheetshaus


Gesondheetshaus


Alentouren vum Gesondheetshaus


Alentouren vum Gesondheetshaus


Gesondheetshaus


Maison Traufler


Maison Traufler


Maison Traufler

# Installatioun vun Hondstuten & Poubelle um Schéissbierg





## Benotzt w.e.g. d'Hondstuten fir eis ëffentlech Plaze propper ze halen.



Nei Miwwel fir den Cycle 3 an der Schoul

# Mir stellen vir



## Pascal Loor

**SERVICE TECHNIQUE**

| | | | |
|---|---|---|---|
| Kaffi | ● | Téi | ○ |
| Pizza | ● | Pasta | ○ |
| Staat | ○ | Duerf | ● |
| Hond | ● | Katz | ○ |
| Bierger | ○ | Plage | ● |
| Fréijoer | ● | Hierscht | ○ |
| Nuetseil | ○ | Fréi opstoen | ● |
| Séiss | ● | Salzeg | ○ |
| Gebuertsdag | ● | Chrëschtdag | ○ |
| Vakanz an der Géigend | ○ | Vakanz wäit eweg | ● |

**Alter** ........ *50*

**Vu wou** ........ *Näerden*

**Lieblingsiessen** ........ *E gudde Steak*

**Lieblingsgedrénks** ........ *Kaffi an eng gutt Béier*

**Dat kann ech gutt** ........ *Kreativ Saachen*

**Mäin Hobby** ........ *Oltimer-Trakteren*

**Ausbildung** ........ *Polyvalenten Aarbechter*

**Wat dierft laut dir am Atelier net feelen?** ........ *Gutt Ambiance*

**Wat war wier däin Dramjob wanns de net hei géings schaffen?** ........ *Eng Garage hu mat Oltimer-Trakteren*

**Op wat kéints du nimools verzichten?** ........ *Famill a gudd Frënn*

**Däi perfekte Start an den Dag** ........ *Gemittlech früstücken*

**Wéi eng App benotz du am meeschten?** ........ *Facebook*

FOTOEN: LEADER WËLLE WESTEN

# Biergerbedeelegungs-versammlung: Notzung vun der Schandeler Kierch

Den 18. Juni huet d'Gemeng zesumme mat der Duerfentwécklung LEADER Wëlle Westen eng Bierger-versammlung organiséiert. Hei konnten d'Bierger an d'Vertrieder vun de verschiddene Veräiner a Kommissiounen nom Prinzip vum World Café hir Iddien, Wënsch a Bedenken ze äusseren.

Et ass aktuell net geplangt ass, d'Kierch ze desakraliséieren. D'Gebai soll weiderhi fir all Notzungen op sinn. Am Kader vun der Trennung vu Kierch a Staat an dem domat verbonnene gesetzleche Kader huet sech d'Fro no der Zukunft vun de Kierchen zu Schandel a Rippweiler gestallt. Zil vun der Gemeng ass et, d'Schandeler Kierch als wäertvolle Bestanddeel vum Duerfliewen ze erhalen an hir eng nohalteg Zukunft ze ginn. Nieft hirer historescher Bedeitung bitt d'Gebai duerch seng zentral Lag an d'Proximitéit zu der neier Spillplaz gutt Viraussetzunge fir als Plaz vun der Begéinung, fir kulturell Manifestatiounen, Concerten, Konferenzen oder intergenerationell Aktivitéite genotzt ze ginn.

D'Céline Lanners huet de Participanten d'Duerfentwécklung, de LEADER Grupp an de Projet D'Kierch am Duerf virgestallt an d'Léit invitéiert den Optakt ze notze fir hir Iddien, Erwaardungen an Ureegungen aktiv an den Austausch anzebréngen. Si huet erkläert, datt de Projet ronderëm d'Kierch vu Schandel als Deel vun dëser méi breeder Reflexioun iwwert d'Entwécklung vun de Kierchen an der Regioun ze gesinn ass. Dobäi huet si ervirgehuewen, datt d'Gemengen aus der LEADER-Regioun Wëlle Westen zesummen dëse Wee gi fir mat der Bevëlkerung iwwer eng respektvoll Beliewung vu Kierchegebaier nozedenken.

D'Participantë sinn a Gruppen opgedeelt ginn a sou konnten si op verschiddenen thematesche Statiounen hir Iddien, Ureegungen an Erfarunge bäidroen. D'Zil vun dëser Method ass et, duerch den oppenen





Austausch eng méiglechst grouss Villfalt u Perspektiven ze sammelen a gemeinsam Prioritéite fir déi weider Entwécklung auszeschaffen.

Follgend Theme sinn opgegraff ginn.

- Méiglech Notzungen & Material
- Acteuren a Partner
- Alentoure vun der Kierch
- Wäertschätzung an Erhalen

Nom Rotatiounsprinzip goufen d'Resultater vun de véier Statiounen am Plenum kuerz zesummegefaasst a virgestallt. Fir déi wichtegst Themen an Iddien erauszekristalliséieren, hat all Participant d'Méiglechkeet, mat véier Gommetten seng perséinlech Prioritéiten ze markéieren.

Sou konnt e kloert Bild vun de gemeinsame Prioritéite vun alle Participante geschaf ginn.





# Neie bezuelbare Wunnraum zu Useldeng: 12 nei Logementer um Helpersbierg/Schéissbierg



© Fonds du Logement

Den 3. Juli sinn um Helpersbierg 11 Eefamilljenhaiser an ee Logement intégré, dovunner 6 Haiser, fir de Verkaf a 6 Logementer fir d'Locatioun a Presenz vum Här Minister Claude Meisch ageweit ginn.

De Wee bis heihinner war laang. Schonn 2012 huet d'Gemeng dësen Terrain vun der Famill Parries kaf an 2013 un de Fonds du Logement weiderginn. 2015 gouf den Terrain beim Vott vum neie PAG aus der Zone verte a Bauland ëmklasséiert. 2020 gouf de PAP geneemegt, an de 17. Mäerz 2023 gouf d'Baugeneemegung fir d'Haiser ausgestallt.

Zanter Jore setzt sech d'Gemeng konsequent dofir an, bezuelbare Wunnraum ze schafen an dësen och op laang Siicht ze erhalen.

Zu de wichtegste Projeten aus de leschte Jore gehéieren ënner anerem d'Maison Faber, d'Haiser an der rue de l'Église, d'Al Post, de Foyer an der rue de Boevange souwéi déi kommunal Wunnengen um Trëmel an um Pallerwee.


© Gemeng Useldeng

**Bis Enn 2026 kënnt d'Gemeng domat op 39 bezuelbar Logementer, dovunner 10 Haiser am Verkaf an 29 Logementer an der Locatioun.**


© Fonds du Logement




Dobäi kënnt och nach de Beräich vun den encadréierte Wunnstrukturen: den CHNP Foyer Atert - De Park, an de Foyer Haus beim Schlass, zesumme mat 40 Zëmmeren.

Dat bedeit: Bezuelbar an encadréiert Logementer hunn zesummen e Potenzial vu bis zu 235 Residenten, dat ass ongeféier 1 Awunner op 5 an der Uertschaft Useldeng an 1 Awunner op 10 an der ganzer Gemeng.

Dës Entwécklung ënnersträicht den Engagement vun der Gemeng fir eng nohalteg a sozial Wunnengspolitik.




© Gemeng Useldeng


© Gemeng Useldeng


© Gemeng Useldeng


© Gemeng Useldeng

Si weist och, wéi vill ka realiséiert ginn, wann d'Gemeng, de Fonds du Logement an de Ministère enk zesummeschaffen an e gemeinsaamt Zil verfollegen.

D'Gemeng Useldeng wäert weider dru schaffen, datt Wunnen, Liewen a sozial Verantwortung hei bei eis grouss geschriwwe ginn.

TEXT: STARSKY FLOR / FOTO: CHAREL REISER

# Vun Useldeng bis an d'Mier: d' Verantwortung fänkt heiheem un „ICI COMMENCE LA MER“

Dir frot Iech vläicht: firwat eng Plack niewent engem Gulli? D'Mier ass dach wäit ewech?!

Wat läit dann nach oft nieft dem Gulli? Eisen Dreck! Fréier oder spéider fanne mir déi Saachen an deem selwechte Waasser, wou Verschiddener vun eis am Summer sou gär plansche ginn.

Et ass just dës einfach Wourecht, déi ze oft vergiess gëtt, déi de 6. Juni am Millenhaff, am Zentrum vum Duerf, zum Ausgangspunkt vun eisem Gest ginn ass: eng Plack „Ici commence la mer“ gouf niewent engem Gulli installéiert.

Hu dir se scho gesinn?

E klengt, bal onopfällegt Symbol, mee mat enger klorer Bedeitung: wat an de Gulli geheit gëtt, verschwënnt net. Zigarettestomp, Ueleg, Plastiksfolie, eng Bécks oder Faarf huelen de selwechte Wee wéi d'Reewaasser: bis an d'Atert, dann an déi grouss Flëss, an dono an d'Mier.

D'Thematik ass net néi, awer muss ëmmer nees an de Vierdergrond gesat ginn.











Andeems mir dëser Beweegung bäitrieden, gi mir Deel vu Gemengen, déi op hir eege Manéier de Kanner, Jonken an Erwuessenen un deen direkten Zesummenhang tëscht eisen alldeegleche Gesten an der Gesondheet vun eise Baachen erënneren. D'Beweegung geet weider: aner Gemengen hu schonn Interessi u sou enger Aktioun gewisen. Eng Plack zitt déi nächst no sech, eng Gemeng inspiréiert déi aner.

Fir Useldeng huet dëse Gest eng besonnesch Bedeitung. D'Atert leeft duerch eis Gemeng, hei ass de Sëtz



vun der DEA (Distribution d'Eau des Ardennes) a mir sinn zënter 2001 Member vun der Flosspartnerschaft Atert. D'Waasser ass bei eis kee friemt Thema: et ass eng Verantwortung, déi mir schonn zënter laangem droen, fir de Bierger, a fir mech als Gemengerotsmember.

Mir ass et virun allem wichteg, datt dëse Projet konkreet a fir jiddereen zougänglech bleift. Eng Plack nieft engem Gulli gesäit een all Dag um Wee an d'Bäckerei oder wann ee mat sengem Hond trëppele geet. Dëse permanente Kontakt mat der Iddi  vun dëser Aktioun gëtt der Campagne méi Wierkung, wéi all laangen Discours et kéint.

Dëse Projet huet net een eleng gedroen. Et war wichteg virun allem mat der Jugend zesummen ze schaffen. Bei der Zeremonie hunn zwee jonk Membere vum Leo Club (Leo Club Golden Crown Luxembourg – selection Jeunesse du Lions Club), d'Marie Raducia an den Ettore Campailla d'Wuert ergraff, fir drun ze erënneren, wéi vill Verantwortung, mee och wéi vill Flicht géintiwwer der Natur déi nei Generatiounen hunn an nach kréien.
De SIDERO war och present mat senger pedagogescher Ausstellung „Wat lieft am Kanal", déi ganz konkreet weist, wéi d'Reewaasser fléisst a wéi eisen Dreck der Biodiversitéit schuet.

Dëst ass eréischt den Ufank. Besonnesch fir eis Kanner a jonk Erwuessener huet dëse Projet eng grouss Bedeitung, well si et sinn, déi dës Verantwortung nach vill Jore wäerten droen.

An mir wëllen net zu Useldeng ophalen. D'Zil ass et, dës Demarche a weider Uertschaften ze droen, ëmmer mat der Ënnerstëtzung vun de jonke Generatiounen, fir datt







de Gest, näischt op de Buedem ze geheien, zu enger Gewunnecht gëtt, an dat wäit iwwer eis Gemeng eraus.

Eng Plack niewent engem Gulli ka bescheiden ausgesinn. Mä zesumme mat ville weidere Placken am ganze Land gëtt dëst zum Zeeche vun engem gemeinsamen Engagement: Wat am Gulli verschwënnt, huet och Konsequenze fir eis Ëmwelt.

Zum Schluss nach en Extrait vun der Ried vum President vun de Leo'en: « On nous dit souvent qu'on est la génération de demain. Mais le problème, c'est que demain, pour certains endroits de la planète, ce sera trop tard. Alors on préfère agir maintenant. »

**„Et gëtt eis dacks gesot, datt mir d'Generatioun vu muer sinn. Mee de Problem ass, datt et fir e puer Plazen op der Äerd muer schonn ze spéit ass. Dofir handele mir léiwer elo!“**



FOTO: JESSICA THEIS

# Praxis für Job-Coaching und Kommunikationstraining eröffnet







Anfang Januar 2026 hat die Praxis „Coaching & Communication“ in der Route d’Arlon 20 in Useldingen ihre Türen geöffnet. Dort kann man professionelles Job-Coaching sowie Kommunikationstraining in Anspruch nehmen. Inhaberin Julia Schrell hat ihre Ausbildung zum „Coach in der Personalentwicklung“ an der psychologischen Fakultät der Universität Trier absolviert und arbeitet bereits seit über 20 Jahren als Kommunikationstrainerin.

Nun war es endlich so weit: der Traum einer eigenen Praxis konnte umgesetzt werden und am 19. Juni kam der Useldinger Schöffen- und Gemeinderat zur feierlichen Einweihung der Praxis. Dabei konnten sich die Besucher*Innen sowohl einen ersten Eindruck der Räumlichkeiten als auch der Dienstleistungsangebote machen.

Was genau bedeutet Job-Coaching und für wen ist es geeignet? Jeder, der berufstätig ist, kann ein Job-Coaching in Anspruch nehmen. Ganz gleich, in welcher Position oder in welchem beruflichen Umfeld man arbeitet. Und ganz gleich, ob man wegen Problemen auf der Arbeit ein Coaching braucht oder weil man sich beruflich weiterentwickeln möchte – die Themenbereiche während eines Coaching-Prozesses sind sehr vielseitig und werden von Julia Schrell ganz individuell auf ihre Klientel zugeschnitten.

Ein Coaching-Prozess besteht i. d. R. aus 10 Sitzungen, welche einen Zeitrahmen von ca. 6 Monaten umschließen. Dabei werden meist Themen wie „Konfliktmanagement“, „Zeit- und Selbstmanagement“, „Kommunikation am Arbeitsplatz“ aber auch „Stärkung von Führungspersönlichkeiten“

sowie „Motivation von Mitarbeitenden“ behandelt.

„Als Coach werde ich dabei zum ’Begleiter’ meiner Klient*Innen und der Entwicklungsprozess, der sich bei Ihnen meist bereits nach ein paar Wochen zeigt, ist für mich als Coach jedes Mal genauso aufregend und spannend, wie für meine Klient*Innen selbst!“

Als sogenannter „Coach auf Rädern“ bietet Julia Schrell aber nicht nur in ihrer Praxis, sondern – im Auftrag der Geschäftsleitung – auch in Unternehmen vor Ort Einzel-Coachings an. Für den Chef oder für eine(n) Mitarbeiter(in). „Dieses Angebot habe ich quasi aus Deutschland mitgebracht. Dort ist das mittlerweile gang und gäbe, wenn z.B. ein Mitarbeiter nach längerem Arbeitsausfall (aufgrund einer Krebs- oder Psychotherapie oder einem Burnout…) wieder zurück an den Arbeitsplatz kommt. Verantwortungsvolle Vorgesetzte ermöglichen dieser Person dann ab dem ersten Arbeitstag ein Einzelcoaching, weil viele Menschen während einer längeren Krankschreibung psychologische Ängste aufbauen, welche sie dann oft bereits nach den ersten Arbeitswochen in einen erneuten Krankenschein zwingen.“

Als Kommunikationstrainerin - ihrem zweiten Beruf - hilft Julia Schrell ihrer Klientel, ihre Kommunikation auf der Arbeit, aber auch im privaten Umfeld zu stärken und zu verbessern. „In diesem Bereich begleite ich zum Beispiel viele Schüler*Innen und Studierende, die ihre Ängste überwinden möchten, Vorträge zu halten oder die sich fit für Vorstellungsgespräche machen wollen. Beim Training wird dabei nicht nur an der Rhetorik, Körpersprache, Mimik oder Stimme gearbeitet, sondern es wird auch ihr Selbstwertgefühl bewusst gestärkt. Keiner muss diese lähmende „Angst vor dem Publikum“ sein Leben lang mit sich herumtragen!“

Bürgermeister Pollo Bodem hieß in seiner Rede Julia Schrell mit ihrer Praxis herzlichst in der Useldinger Gemeinde Willkommen und betonte dabei die Wichtigkeit ihrer Arbeit in der heutigen Zeit.
Beim gemütlichen Apero wurde sich anschließend über die verschiedenen Angebote der Praxis intensiver ausgetauscht.



FOTOEN: LËTZEBUERGER ARMÉI

# 209. Promesse solennelle vun der Lëtzebuerger Arméi



No enger intensiver Basisausbildung hu 56 Rekrutte mat Erfolleg hiren Ofschloss gepackt a goufen am Kader vun enger feierlecher Zeremonie den 28. Juli bei eis op der Buerg offiziell als Zaldote vereedegt.

Et haten sech vill Familljememberen, Frënn an Éieregäscht versammelt, fir dëse besonnesche Moment mat den neien Zaldoten ze erliewen. D'Atmosphär war gläichzäiteg feierlech an emotional, an de Stolz bei de Familljen an de Frënn war däitlech ze spieren.

Déi 56 Rekrutte sinn am Cortège an den Haff erakomm a nodeems de Lëtzebuerger Fändel vun der Madame Ministesch Yuriko Backes begréisst gouf, huet den offiziellen Deel ugefaangen. Mam Ofleeë vun der Promesse hunn d'Rekrutten sech dozou engagéiert, der Lëtzebuerger Arméi an eisem Land mat Verantwortung an Asaz ze déngen.

Bei der Zeremonie waren ënner anerem d'Verdeedegungsministesch Yuriko Backes, de Chef d'État-Major Steve Thull, de Commandant des Forces Alain Schoeben, eise Buergermeeschter souwéi eise Gemengerot, d'Buergermeeschter aus dem Kanton Réiden a vill weider Vertrieder aus der Politik an der Arméi present.

Am Ganzen haten 90 Rekrutten d'Basisausbildung ugefaang, a wéi



schonn erwäänt hu 56 dovunner dës erfollegräich ofgeschloss, wat engem Taux vu ronn 62 % entsprécht.
Laut dem Commandant des Forces Alain Schoeben läit dëst Resultat am Duerchschnëtt vun de leschte Promotiounen an ass e weidere Schrëtt um Wee fir d'Lëtzebuerger Arméi nohalteg ze stäerken.

No der offizieller Zeremonie huet d'Gemeng all d'Invitéen op en Éierewäin agelueden. D'Familljen, d'Frënn an d'Éieregäscht konnten dëse wichtege Schrëtt am Liewe vun den neien Zaldoten zesumme feieren an den Nomëtteg am Centre Culturel ausklénge loossen.





















# Schoulorganisatioun 2026 / 2027

Opgrond vun dem neien EU-Dateschutzreglement (RGPD), dat de 25. Mai 2018 a Kraft getrueden ass, ass et eis leider net méi méiglech d'Nimm vun de Schoulkanner ze veréffentlechen.

**Précoce (17 enfants)**
Titulaire de référence:
Weis Laura

**Précoce, Cycle 1.1 & 1.2 (20 enfants)**
Titulaire de référence:
Fabienne Mertens

**Précoce, Cycle 1.1 & 1.2 (19 enfants)**
Titulaire de référence:
Czerwonka Claudia

**Cycle: 1.1 & 1.2 B (16 enfants)**
Titulaire de référence:
Barthelemy Carole

**Cycle 1.1+1.2 C (15 enfants)**
Titulaire de référence:
Petry Lynn

**Cycle 2.1 A (13 enfants)**
Titulaire de référence:
Emeringer Sandra

**Cycle 2.1 B (12 enfants)**
Titulaire de référence:
Erdel Marilyn

**Cycle 2.2 A (20 enfants)**
Titulaire de référence:
Schartz Michèle

**Cycle 2.2 B (20 enfants)**
Titulaire de référence:
Neuman Christiane

**Cycle 3.1 A (16 enfants)**
Titulaire de référence:
Hansen Myriam

**Cycle 3.1 B (16 enfants)**
Titulaire de référence:
Schroeder Blanche

**Cycle 3.2 A (14 enfants)**
Titulaire de référence:
Schummer Nadine

**Cycle 3.2 B (12 enfants)**
Titulaire de référence:
Splicks Sandy

**Cycle 4.1 A (16 enfants)**
Titulaire de référence:
Risch Claudine

**Cycle 4.1 B (17 enfants)**
Titulaire de référence:
Fioretti Luca

**Cycle 4.2 A (17 enfants)**
Titulaire de référence:
Gilles Groben

**Cycle 4.2 B (15 enfants)**
Titulaire de référence:
Zimmermann Kelly



# Busplang 2026 / 2027
# Schoul Useldeng

## ALLER

**Trajet A**

Schandel > Useldange > Schoul Useldeng

| | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Schandel – Duerfstrooss | 7h19 | 13h29 |
| Schandel – Église | 7h20 | 13h30 |
| Schandel – Rue de Vichten | 7h22 | 13h32 |
| Useldange – Priorat | 7h28 | 13h38 |
| Useldange – Schoul Useldeng | 7h31 | / |
| Useldange – Helpersbierg | 7h36 | 13h42 |
| Useldange – al Schoul | 7h39 | 13h45 |
| Useldange – Bei der Buerg | 7h41 | 13h47 |
| Useldange – Schoul Useldeng | 7h44 | 13h50 |

## RETOUR

| **Trajet A** | | | **Trajet A★ Lun / Mer / Ven** |
|---|---|---|---|
| Schoul Useldeng > Schandel > Useldange | | | Schoul Useldeng > Useldange |
| | Matin | Après-midi | Après-midi |
| Useldange – Schoul Useldeng | 12h05 | / | 15h55 |
| Schandel – Duerfstrooss | 12h08 | / | 15h58 |
| Schandel – Église | 12h09 | / | 15h59 |
| Schandel – Rue de Vichten | 12h11 | / | 16h01 |
| Useldange - Priorat | 12h17 | / | 16h07 |
| Useldange – Schoul Useldeng | | 15h55 | / |
| Useldange – Bei der Buerg | 12h18 | 15h58 | / |
| Useldange – Helpersbierg | 12h21 | 16h01 | / |
| Useldange – al Schoul | 12h25 | 16h05 | / |

## ALLER

**Trajet B**

Everlange > Rippweiler > Useldange > Schoul Useldeng

| | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Everlange – Moulin | 7h21 | 13h26 |
| Everlange – Pont | 7h23 | 13h28 |
| Everlange – Centre culturel | 7h25 | 13h30 |
| Everlange – Rue Halte | 7h27 | 13h32 |
| Rippweiler – Grottestrooss | 7h33 | 13h38 |
| Useldange – Arrêt Lahr | 7h39 | 13h44 |
| Useldange – Bei der Buerg | 7h40 | 13h45 |
| Useldange – Schoul Useldeng | 7h44 | 13h49 |

## RETOUR

**Trajet B**

Schoul Useldeng > Useldange > Rippweiler > Everlange

| | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Useldange – Schoul Useldeng | 12h05 | 15h55 |
| Useldange – Bei der Buerg | / | 15h58 |
| Useldange – Arrêt Lahr | 12h08 | 16h01 |
| Rippweiler – Grottestrooss | 12h14 | 16h07 |
| Everlange – Rue Halte | 12h20 | 16h13 |
| Everlange – Centre culturel | 12h22 | 16h15 |
| Everlange – Pont | 12h24 | 16h17 |
| Everlange – Moulin | 12h26 | 16h19 |

TEXT & FOTOEN: MAISON RELAIS

# Bei de Fliedermais



# Adventure Lënster









An den zwou Woche vum 20.-31. Juli sinn d'Kanner aus der Maison Relais all Mëtten op Jonglënster an den „Adventure Lënster" gefuer. Den „Adventure Lënster" ass vun der Gemeng Jonglënster an hirer Maison Relais organiséiert gi fir hir eege Kanner,mee och fir aner Maison Relaisen aus dem ganze Land.

All zwee Joer ass den Adventure Lënster an déi aner Joren ass dann ëmmer „Minijonglënster". Heibäi handelt et sech ëm ee risege Site, wou lauter verschidde Statioune mat Aktivitéite fir d'Kanner ugebuede ginn.

Aktivitéite wéi Facepainting, Traumfänger bastelen, Mosaik, Paracordanhänger, Jutebeutel bemolen, Schwemm, sportlech Aktivitéiten, Pizza um Grill an an. All Dag goufen nei Aktivitéiten ugebueden. Wat immens flott fir d'Kanner war, ass dass si sech all fräi beweegen an un deenen Aktivitéiten deelhuele konnte wou si wollten. De Kanner huet et immens gefall sou wéi och eis Erwuessenen, sou datt mir hoffen och déi nächst Joren erëm een Deel dovu kënnen ze sinn.

# Summerfest



Den 3. Juli hate mir eist d'Summerfest zum Thema „Kiermes" an der Maison Relais. D'Summerfest war ee vollen Erfolleg, mir hate super Wieder, ganz vill Leit an eng gutt Stëmmung. Mir hate vu Gedrénks- an Iessstänn, Glécksrad, Glitzertattooss, Candybar, Béchseschéissen, Seelzéie bis zu flott Dänz, déi vun de Kanner mat den Erzéier virgefouert gi sinn.

Ausserdeem gouf eisen neie Projet éducatif, deen iwwert déi 5 Gesetzer an der Maison Relais geet, vun de Kanner virgestallt an ee Video dovu gouf presentéiert. Et war ee super Owend als Ofschloss vun dësem Schouljoer, dee Kand, Elteren an Erzéier vun der Maison Relais méi nobruecht huet. D'Personal seet Merci fir dee flotten Owend.






TEXT: AMIS DU PRIEURÉ / FOTO: JOSÉE ANZIA

# Save the date: Januar 2027

## D'Wonner vun Ysodenges: eng Useldenger Klouschtersaga aus dem Mëttelalter - den neien Theaterprojet vun den Amis du Prieuré d'Useldange



Duersteller vum Useldenger Hexeprozess

D'Wonner vun Ysodenges: eng Useldenger Klouschtersaga aus dem Mëttelalter - den neien Theaterprojet vun den Amis du Prieuré d'Useldange

Am Joer 1102 haten déi deemoleg Useldenger Schlasshären, Theobald an Azeka, dem Benediktinerklouschter vu Molesme - an der haitiger Bourgogne - eng generéis Schenkung vu Lännereien, Kierchen, Millen an den entspriechenden Steierrecette gemaach. Als Géigeleeschtung hunn d'Pateren zu Useldeng lénkssäits der Atert e Priorat opgeriicht, dat dem Duerf eng Zäit laang zu enger gewësser Renommée an domat och zu Wuelstand verhollef huet. Ze verdanke war dat virun allem engem vun de Pateren, dem Brudder Péiter. Hien hat nämlech zu Useldeng e Wonner gewierkt...! Et sollt dat éischt vun enger ganzer Rëtsch ginn. Als de „séilege Péiter vun Useldeng" goung hien an d'Duerfgeschicht an, an hien hat esou guer um 23. Juni eng Plaz am kathoulesche Kierchekalenner vun allen Hellegen.

Nom Succès vun hirer Theateropféierung am Oktober 2024 iwwer den Hexeprozess vun der Katrin Theis, bréngen d'Prioratsfrënn elo mam séilege Péiter nees en historesche Personnage aus dem Duerf op d'Bün.

Dat neit Theaterstéck erzielt op eng amüsant an och e bëssen näischnotzeg Manéier dem Péiter säi Liewen a Wierken zu Useldeng. Et gouf geschriwwe vum Ginette Nierenhausen a gëtt gréisstendeels gespillt vun där Trupp vun Acteuren, déi scho beim Hexeprozess hiert Talent an hir Spillfreed op der Bün bewisen haten.

D'Uropféierung ass Samschdes, den 23. Januar 2027 am Centre Culturel zu Useldeng.

Weider Virstellungen si geplangt fir de 24. an den 30. Januar 2027.

Darstellung von Peter in „Der selige Peter", Benediktinermönch in Useldingen, von P. Nik. Gengler (1921). Links das Schloss und die Burgkirche, rechts eine fantasievolle Skizze des Priorats



TEXT: APECU

# 200 % Asaz vun der APECU fir d'Kanner vun der Gemeng Useldeng

Am Schouljoer 2025-2026 hu mir vun der APECU eis vum éischten Dag bis zum leschten, mat vollem Engagement fir d'Kanner vun der Useldenger Schoul agesat. Knapps hat eis Generalversammlung vum 16. Oktober e puer nei motivéiert Membere begréisst, a scho gouf mat vill Elan un eisem éischte wanterlechen Event geschafft.

De 5. Dezember hu mir um Chrëschtmaart op der Useldenger Buerg ee kannerfrëndleche Stand animéiert: D'Kanner konnten dank eiser Chrëschttombola fläisseg Louse kafen a flott Kaddoe gewannen oder eppes fir hire Chrëschtbeemche bastelen. Dobäi gouf et natierlech och leckert Gebäck, Wäffelcher, Liefkuch an aner Séissegkeeten, ze schmaachen an ze kafen.



Theaterowend




E puer Méint méi spéit, de 6. Februar, konnten d'Kanner mat Freed, eng professionell Poppentheatertrupp aus Däitschland an der Buvette vun der Useldenger Schoul erliewen. De Figurentheater Marshmallows huet mat hirem Stéck FURZIPUPS d'Buvette an eng richteg Poppespënnchen verzaubert! Theatralesch ass et duerno de 26. Mäerz weidergaangen: d'Joffer Laura Weis huet mat hirer Spillschoulsklass dat flott Stéck vum Siweschléifer opgefouert. Mir vun der APECU hunn d'Spillschoulskanner an hir Familljen op dësem Owend mat Gedrénks, Kuch a Bréidercher verwinnt.

Pünktlech fir Ouschteren huet d'APECU den 11. Abrëll hir grouss Ouschtereeërsich beim Pavillon nieft dem Fussballsterrain organiséiert. Kleng a grouss Kanner konnten an zwou Gruppen dem Ouschterhues, deen och perséinlech präsent war, hëllefen, seng Ouschtereeër ze fannen. Als Merci kruten d'Kanner leckere Schockela, wärend d'Elteren sech bei enger Mëtsch an engem Kaffi entspaant hunn.

Och hannert de Kulisse ware mir aktiv: Mir hunn dofir gesuergt, datt d'Ateliere vu Bee Secure fir d'Schüler aus de Cycle 3 a 4 stattfonnt hunn,



Ouschtereeërsich



Ouschtereeërsich



Schoulfest

Scannez pour lire l'article en français

an datt de Science Bus nees virun der Useldenger Schoul stoe bliwwen ass. An dëse schülerfrëndleche Seancë konnten d'Kanner vill spannend wëssenschaftlech Kenntnisser sammelen an direkt am mobille Labo vum Science Bus uwenden.

Als Ofschloss vum Schouljoer hu mir de 15. Juli eist traditionellt Schoulfest beim Pavillon organiséiert. Bei stralendem Wieder hu mir bis spéit an den Owend Gegrills, frëscht Gedrénks souguer Cocktailer a Kuch verkaaft. All Duuscht gouf geläscht, all Honger gesättegt. D'Kanner konnten de ganzen Owend vu Facepainting, Glitzertatooen a modelléiert Loftbäll profitéieren. Wéi all Joer hu mir eis mat engem flotte Kaddo vun de Kanner aus dem Cycle 4.2 verabschid a si mat vill Gléck an de Lycée geschéckt.

Save the date: léif Elteren, verhaalt iech elo schonn de 15. September, wou et an der Buvette vun der Sportshall vun der Useldenger Schoul, Kaffi a Croissant vun eis wäert ginn!

TEXT: THOMAS VÖLKENING

# Randonnée Castleride 2026!




Am 21/06/2026 hat zum neunten Mal der Vtt Castleride Useldeng stattgefunden.

Durchgeführt wird diese Veranstaltung vom Useldinger Fußball, insbesondere von Marcel Welfring, der in diesem Jahr besonders viel Arbeitgeleistet hat, damit unsere Randonnée erfolgreich stattfinden konnte. Auch die Gemeinde Useldeng hat uns, wie jedes Jahr, gut unterstützt.

Wohl aufgrund des sehr heißen Wetters, haben dieses Jahr leider nur 160 Teilnehmer/innen den Weg nach Useldeng gefunden, was sehr schade war, da wir in diesem Jahr, neben den Mountainbike-Strecken zwischen 30 und 60 km, das erste Mal auch Gavel-Bike-Strecken zwischen 30 und 60 km angeboten hatten.

Auf allen Strecken gab es Verpflegungsstationen, wo die Teilnehmer/innen neue Kraft tanken konnten.

Auf der Familienstrecke (12 Km) waren auch einige Wanderer unterwegs.






Am Ziel, dem Fußballplatz vom FC Jeunesse, konnten die Teilnehmer/innen dann das reichhaltige Gastronomie-Angebot nutzen und sich mit kühlen Getränken von den Strapazen erholen, wovon auch reichlich Gebrauch gemacht wurde.

Musikalisch unterstützt wurden wir auch diesmal wieder von RedSax unter der Leitung von Raoul Schaaf, danke nochmal dafür!

Wir sind froh darüber, dass alle Teilnehmer/innen gesund und munter am Ziel angekommen sind. Alle haben sich sehr positiv zu den Strecken und der schönen Natur in unserer Region geäußert und möchten auch 2027 wieder an den Start gehen.

Weitere Informationen vom vtt Castleride Randonnée sowie zu unserem Castleride-Treff kann man sich unter www.castleride.lu ansehen.

Ein großer Dank gilt unseren Sponsoren PALL Center, WISAG, Elektro Zenner, Bäcker Jos, dem Malerbetrieb Daniel Kauthen, der Provençale, der Firma Electra, Lux-Pneus S.a.r.l., Restaurant am Schlass.

Danke auch an Pit Scholtes für die schönen Fotos sowie den vielen freiwilligen Helfern, ohne die diese Veranstaltung nicht möglich gewesen wäre.



Die zehnte Auflage vom VTT Castleride Useldeng ist in Planung und wird voraussichtlich am 02/05/2027 stattfinden

TEXT & FOTOEN: CLAIRE KOSTER

# Club des Jeunes Useldeng





## Eis 1.-Meefeier

Traditionell hu mir dëst Joer och rëm e Meekranz gebonnen.

Nodeem déi gréng Blieder zum Kranz gebonne waren, hu mir am Millenhaff zesumme gegrillt an eis bei d'Atert an d'Sonn geluecht.

Deen een oder anere war och bëssi an d'Waasser schwammen.



## Open Air Useldeng: 18. Juli 2026

Den 18. Juli war et rëm sou wäit: den Open Air Useldeng huet zu Useldeng um Ökoparking seng 5. Editioun gefeiert. Virbereedungen si schonn ab Mee gelaf, an esou hu mir eis Flyeren, Béierdeckelen a Pousteren a Caféen an op Fester verdeelt. Dëst Joer waren eis opfälleg neongréng T-Shirten an der Géigend vertrueden an hunn d'Opmierksamkeet op sech gezunn.


De Virverkaf spillt eng wichteg Roll; esou konnten d'Leit sech bei eis fréi e méi bëlleg Tickete sécheren. Och um Eldoradio ware mir vertrueden an et konnt een eisen Interview live um Radio lauschteren.

Dëst Joer mat dobäi waren: de „Blueteck" an d'Dj's from Lux. Kulinaresch hate mir dëst Joer eis Auswiel erweidert an haten 3 Foodtrucks um Site. De Frups huet eis Clientë mat Pizzabaguette verwinnt, beim „Floh" gouf ee mat Gegrills a Fritte versuergt, an nei mat dobäi war en indesche Foodtruck „Indian Heritage Foods" mat indesche Spezialitéiten.

Mir soen all eise Sponsoren nach eemol: Villmools Merci!





Info

### Wéi kann een dem Club des Jeunes Useldeng bäitrieden?

Du bass aus der Gemeng Useldeng, hues mindestens 15 Joer, Loscht bei eisen Aktivitéiten am Duerf matzemaachen oder mat eis op aneren Aktivitéite Spaass ze hunn? Da bass du bei eis genau richteg. Fir Member ze ginn oder bei weidere Froen, kanns du dech gäre bei eis mellen.

- Facebook: Club des Jeunes Useldeng
- Instagram: cdj.useldeng
- Email: cdjuseldeng@gmail.com

TEXT: KOMMISSIOUN VUM INTERKULTURELLEN ZESUMMELIEWEN USELDENG

# Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen Useldeng

D'Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen Useldeng am Interview mam Anne Franziskus



**Kënnt Dir Iech kuerz virstellen an eis erzielen, säit wéini Dir an der Gemeng Useldeng wunnt?**

Ech sinn d'Anne Franziskus a wunne säit gutt 10 Joer zu Useldeng an der Areler Strooss. Mäi Mann an ech hunn do en aalt Haus renovéiert.

**Wat schätzt Dir perséinlech am meeschten un eiser Gemeng?**

Am meeschte schätzen ech un der Gemeng Useldeng, datt et vill aktiv Veräiner ginn an datt et trotz eisem Duerfcharakter eng Rei strukturell wichteg „Amenities" hunn, wéi eng Epicerie, Restauranten a geschwënn eng Maison médicale. An eis Vëlospisten!

**Wéi sidd Dir mam Biergerpakt a Kontakt komm, a wat huet Iech motivéiert, Iech dofir anzesetzen?**

Ech hunn am Februar 2025 ugefaang an der Divisioun vum Zesummeliewen am Familljeministère ze schaffen. Dee Moment hunn ech selwer de Biergerpakt kenne geléiert. Ech hunn awer viru 15 Joer eng Dokteraarbecht iwwer Méisproochegkeet an Interkulturalitéit op de lëtzebuergeschen Aarbechtsplaze geschriwwen. Zesummeliewen an Interkulturalitéit sinn also Themen, déi ech säit laangem als ganz wichteg empfannen. Elo hunn ech d'Chance, aktiv dierfen e Programm an dësem Beräich ze koordinéieren.

**Fir déi, déi de Biergerpakt nach net kennen: Wat ass de Biergerpakt eigentlech?**

De Biergerpakt ass e Programm vum lëtzebuergesche Familljeministère, deen d'Interkulturalitéit fërdere soll. Et gëtt e säit 2024, mee en huet an de leschte Méint eréischt eng méi intensiv Dynamik kritt.

All Mënsch, deen zu Lëtzebuerg wunnt oder schafft an iwwer 18 Joer huet, ka beim Biergerpakt matmaachen. En ass och fir Lëtzebuerger a fir Leit, déi scho laang zu Lëtzebuerg wunnen! Et gi vill verschidden Aktivitéite gebueden, déi drop ausgeluecht sinn, datt een nei Leit begéint an oder eppes (Neies) iwwer Lëtzebuerg léiert.

De Biergerpakt ass de Pendant zum Gemengepakt, deen de Kanton Réiden ënnerschriwwen huet.

**Wat kann de Biergerpakt de Leit aus eiser Gemeng konkret bréngen a wéi kënne Bierger/inne sech bedeelegen?**

Ech sinn der Meenung dass et immens wäertvoll ass, duerch de Biergerpakt Leit kennen ze léieren, déi ausserhalb senger eegener

„Bubble“ sinn. Domat kann een säin eegenen Horizont erweideren an déi enorm Villfalt vu Lëtzebuerg entdecken.

D’Umeldung am Biergerpakt mécht een iwwer myguichet.lu. All d’Aktivitéite si gratis! Mir verschécke reegelméisseg eng Newsletter mat den neisten Aktivitéiten.

**Wat fir Aktivitéiten oder Projete ginn am Kader vum Biergerpakt organiséiert?**

Aktuell ginn ugebueden:
- Exklusiv Visites guidées vu verschiddene kulturellen, sozialen a politeschen Institutioune vum Land,
- Formatiounen am Beräich vun der Interkulturalitéit,
- Kreativ Atelieren, Kachatelieren a Sproochecaféen,
- Online an „offline“ Informatiounssessiounen iwwer verschidde Servicer an administrativ Demarchen,
- Kinosowender,
- e Podcast,
- a villes méi!

Am Moment huet de Biergerpakt nach keng reegelméisseg regional Aktivitéiten, mee mir schaffen drun.

**Wat war bis elo Äre perséinlechen Highlight?**

Ech war viru kuerzem mat an de Staatsrot a krut en Abléck an dës wäertvoll politesch Institutioun. Op engem Parcours de la diversité religieuse sinn ech an d’Synagog gaangen. Mir hunn och Kachateliere mat Anne’s Kitchen an onperfekt ugebueden. Déi waren immens beléift!

**Wat mécht Iech am meeschte Freed un Ärem Engagement am Kader vum Biergerpakt?**

Verschidden Aspekter. Ech dierf e Podcast selwer maachen, dat ass am Moment mäi Lieblingsprojet. Mee mir si selwer eng ganz interkulturell Ekipp, a mir zelebréieren och d’Zesummeliewen an eisem Team. An ech léieren nei Mënsche kennen – dat mécht mir vill Spaass.

**Wann Dir e Wonsch fir d’Zukunft vun eiser Gemeng hätt: Wat géift Dir Iech am Kader vum interkulturellen Zesummeliewe wënschen?**

Ech wënsche mir, dass et normal wier, bei sengen Nopere spontan ze schellen a si ze froen, ob se eppes brauchen.

An datt mir nei Awunner direkt mat abannen an dat lokaalt Liewen, zum Beispill duerch e Parrainage-Programm.

**Mir soe villmools Merci fir den Austausch an déi vill interessant Informatiounen.**



TEXT & FOTO: HARPES CHRISTIANE

# Castle Fun – Spill a Spaass op der Buerg

Bei beschtem Summerwieder huet de Castle Fun op der Buerg vill Leit zesummebruecht.

Am Kader vum interkulturellen Zesummeliewe stoung dësen Nomëtteg ganz am Zeeche vu Spill, Spaass a flotte Begéinungen. Esou Momenter stäerken nit nëmmen de gesellschaftlechen Zesummenhalt, mee droen och zu engem oppenen a liewege Mateneen an eiser Gemeng bäi.

E grousse Merci geet un all Participanten a Fräiwëlleg, un de Senioreforum Useldeng, den Indiaca Nethoppers Useldeng, de Jugendtreff Réiden an u jiddereen, deen zum Gelénge vun dësem Fest eng Hand mat ugepak huet.








QATAR
AIRWAYS





TEXT: HARPES CHRISTIANE / FOTO : HARPES CHRISTIANE & GEMENG USELDENG

# Moieskaffi a gudder Gesellschaft

Am Kader vum interkulturellen Zesummeliewen hu schonn 2 Editiounen (zu Useldeng & zu Rippweiler) vum Moieskaffi stattfonnt. Bei enger Taass Kaffi a gemittlecher Atmosphär war d'Geleeënheet sech kennen ze léieren, sech auszetauschen an den Dag zesummen unzefänken.

En häerzleche Merci fir all déi flott Iddien, déi dir eis mat op de Wee ginn hutt. Merci och dem Péitche Lauer fir hiren Empfang an dem Kanner-Jugend-Lab fir déi lecker Smoothien an hire Support zu Rippweiler.

De Moieskaffi ass als Tour duerch d'Gemeng geduecht a wäert an den nächste Méint och zu Iewerleng an zu Schandel organiséiert ginn.

Mir freeën eis schonn op déi nächst Editiounen a vill weider flott Begéinungen.











Memberen vun der Kommissioun













TEXT: CLAIRE KOSTER

# DT Schandel

## Weekend vum Wëlle Westen

Bei der Manifestatioun „Weekend vum Wëlle Westen“ ware mir och dëst Joer zu Randschelt vertrueden. Vill Visiteuren hunn de Wee bei eis fonnt a konnten e gemittlechen Dag mat leckerem Iessen a flotter Ambiance genéissen.

Mir ware fir d'Gegrills & d'Fritten zoustänneg





## Christophorusfeier zu Schandel

Bei eiser traditioneller Christophorusfeier hu mir de Public mat ville Grillspezialitéite verwinnt. Um Menü stoungen ënner anerem eis Grillwurschten, säfteg Kotletten, regional a biologesch Produkter souwéi knuspreg Fritten aus eegener Produktioun.

Als Green Event war et eis wichteg, op Nohaltegkeet, Regionalitéit, Bio an héich Qualitéit ze setzen.

## Saison 2027

Nieft dem Grille kënnt och de Sport bei eis net ze kuerz. Mir spille mat vill Freed Dëschtennis a wäerten an der kommender Saison an der 3. Divisioun un de Start goen.

Mir soen alle Supporter an Hëllefer e grousse Merci fir hir Ënnerstëtzung a freeën eis elo schonn op déi nei Saison!




© Charel Reiser

TEXT: ANNE FRANZISKUS FIR D'VERKÉIERS- AN ËMWELTKOMMISSIOUN

# Den 22. September: „Zesummen aktiv an d'Schoul"

Hues du Loscht, emol ze Fouss oder mam Vëlo an d'Schoul ze goen oder ze fueren, mee has nach ni d'Geleeënheet dofir?

Ma da maach mat bei eiser Aktioun „Zesummen aktiv an d'Schoul", den 22. September – organiséiert vun der Verkéiers- an Ëmweltkommissioun!

Et ginn an all Duerf Treffpunkten organiséiert, vu wou aus mir e Vëlos- an/oder en Trëppelgrupp bei d'Schoul begleeden. Kanner, déi just en Deel wëlle mat trëppelen, kënnen zum Beispill och mam Schoulbus op Useldeng kommen a vun do aus matgoen. Mam Vëlo huele mir d'Kanner ab 8 Joer mat.


Konkreet Infoen zu den Treffpunkten an dem genauen Oflaf deele mir Ufank September mat, wa mir méi eng konkreet Iddi hunn, wivill Interessi besteet.

- De Schoulufank ass deen Dag ca. 15 Minutte méi spéit.
- Bei der Arrivée gëtt et e gesonde Müsliriegel fir jiddereen an an der Schandeler Strooss organiséiert de Kanner Jugend Lab eng Smoothie-Statioun.
- Liichtvest a Luucht net vergiessen!
- Wann s du e Vëlo brauchs, mell dech bei eis! Mir kënnen ee beim Vëlosbuttek zu Miersch organiséieren.

Eng Umeldung ass net obligatoresch, mee et wier flott, wann s du oder deng Elteren sech bei eis géife mellen, fir datt mir kënnen aschätze wéi grouss den Interessi ass a wivill Erwuessener musse fir d'Begleedung mobiliséiert ginn.

Klenge Message un d'Elteren: mir géifen eis freeën, wann deen een oder anere vun iech eis wéilt bei dëser Aktioun ënnerstëtzen.

Kontakt:
environnement@useldeng.lu



Scannez pour lire l'article en français



TEXT: CLAUDE BOUDLER

# FC Jeunesse Useldeng – no der Saison 2025/26 ass virun der Saison 2026/27

De Comité vum Veräin hat dëst Joer fir Sonndeg, den 12. Juli 2026 op seng Generalversammlung agelueden, wou de Resümmee aus de vergaangenen 12 Méint vum ganze Veräi gezu gouf. No der Begréissung vum President Marcel Kauthen, deen diverse Leit Merci fir hiren Asaz am Déngscht vum Veräi gesot huet, huet hien d'Wuert weiderginn un de Sekretär Jerôme Heirendt, dee fir d'éischt verschidde Leit entschëllegt huet an uschléissend den Aktivitéitsbericht mat de sportlechen an aussersportlechen Aktivitéite virgedroen huet, ënner anerem eis traditionell After Worken um leschte Freideg am Mount, verschidden Turnéieren an Aktivitéite wéi de Chrëschtmaart oder d'Mëttelalterfest.

De Keessebericht ass duerno vum Tresorier Claude Metz virgedroe ginn. Hien huet sech op déi grouss Einnamen an Ausgabe konzentréiert, krut duerno d'Decharge vun eisen neie Keesserevisoren Thomas Völkening a Raymond Barthelemy. D'Keesserevisoren hunn him eng gutt Aarbecht attestéiert, soten dass si wierklech all nach sou klengen Ziedel ëmgedréint hunn, de Claude hätt awer op alles eng Erklärung gehat a si goufen duerno per Akklamatioun och als Keesserevisoren am Joer 2027 bestätegt.

Du war et um Claude Boudler fir de Rapport vun der Jugend an der Saison 2025/26. Allgemeng ass ee mat de Resultater zefridden, an awer war d'Saison turbulent. Ugefaange mat Trainerwiessel direkt am Ufank vun der Saison, den Almir Canovic an de Kevin Carvalho, allebéid virgesi bei eiser Poussinsekipp, sinn duerch den Nene Vinhas a Stefan Straus ersat ginn. No puer Méint huet de Luka Frank bei de Minimes opgehalen, säin Nofollger gouf den Alcides Dos Reis. An der Wanterpaus ass en Deel vum Trainerstaff bei eise Meedercher geännert ginn, de Cedric de Sousa gouf duerch de Johann Reiser ersat. Nieft de villen Trainerwiessel huet och eng nei Moud fir Onroue gesuergt. Jugendtransferten, wéi mir se bis elo net kannt hunn, sinn op eis zoukomm, sou vill, dass mir an der neier Saison mol keng Meederchersekipp méi kënnen ubidden, well net méi genuch Spillerinnen iwwreg sinn.

Bei de Bambinis, Pupilles a Poussins gëtt keng Tabell vun der FLF gerechent, well d'Resultater an deene Kategorien einfach net wichteg sinn. Si sinn awer ganz ok gewiescht a virun allem an eise Pupilles sinn eng ganz Rei talentéiert Kanner.

Minimes, Scolaires a Jeunes Filles hunn all Kéier 3 Tier gespillt, Minimes a Jeunes Filles sinn emol eng Klass méi héich gestigen, Scolaires direkt zweemol. Nächst Joer bidde mir erëm all Kategorië bei de Jongen un. Meedercher hu mir keng eegen Ekipp méi. Eis Meedercher spillen awer an enger Entente mat Ell, deene mir e grousse Merci soen, dass si des Entente mat eis agaange sinn.

Trainerméisseg wäert eis Jugend en neit Gesiicht kréien. Als Trainer verloossen eis mam Jonathan Cavagna, Rick Weber, Alcides Dos Reis, Noah Metz, Olivier Pradier, Bruno Duarte a Johann Reiser direkt 8 Stéck. Dofir hu mir awer och eng Partie nei Trainer fonnt:

- Bambinis: Hugo Correia a Robin Metz
- Pupilles: Elijah Rocha a Nicolas Seil
- Poussins: Cesar Da Costa a Nene Vinhas
- Minimes: Louis Muniken an Nikki Mossong
- Scolaires: Jeff Sadler an Thiago Rodrigues
- Cadets: Gustavo Endringer

E ganz wichtege Posten an enger Jugend ass dee vum Jugendkoordinator. Do si mir frou matzedeelen, dass de Lorenzo De Carolis, dee virun e puer Joer scho Cadets respektiv Seniors 2 bei eis trainéiert huet, dëse Posten iwwerhëlt.

Well déi responsabel Trainer Patrick

Grettnich a Samir Kalabic verhënnert waren, huet den Hugo Correia dunn emol op d'Saison am Seniorsberäich zeréckgekuckt. Ofgeschloss huet eis 1. Ekipp hir lescht Saison op der 6. Plaz vu 16 insgesamt. Festgestallt huet hien dobäi, dass mir 2 verschidde Ronne gespillt hunn, an der Hironn war et nach e bëssen holpereg, an der Réckronn hu mir awer du kee Match méi verluer. Hätte mir 2 Réckronne gespillt, wier vläicht méi dra gewiescht.

Personalméisseg gëtt et wéi déi lescht Joren och schonn üblech, eng Partie Leit, déi de Veräi verloossen, ënner anerem eise laangjärege Kapitän Daniel Adam, deen op Mertzig wiesselt oder de Kevin Malget, deen an der neier Saison en Trainerposte bei der Orania Vianden iwwerhëlt. Well awer grad souvill nei Leit bäikomme wéi eis der verloossen, gläicht dat Ganzt sech aus. A wann een sech d'Spiller ukuckt, kann een duerchaus optimistesch op déi nei Saison kucken. Eisen Trainerstaff bleift gréisstendeels onverännert. Eise Cheftrainer bleift de Patrick Grettnich mat sengen Assistente Samir Kalabic an Hugo Correia. D'zweet Ekipp gëtt no engem Joer Paus rëm vum Albert Ramdedovic assuréiert. Den Théo Malget trëtt op eegene Wonsch mei kuerz. D'zweet Ekipp huet d'Saison iwwregens op der 4. Plaz ofgeschloss, woubäi mir am Wanter souguer op der 1. Plaz waren a bal ëm den Opstig an d'1. Klass gespillt hunn.

Den nächste Punkt um Ordre du jour war d'Opnam vun neie Memberen an de Comité. Well sech keen neie gemellt hat an och keen de Comité verléisst, bleiwe mir hei onverännert.

Den Detail vun den Transferte mat den Zougäng an Ofgäng gouf uschléissend vum Thierry Bodem präsentéiert.

Duerno huet den Hugo Correia den neie Logo an déi nei Uniform vun eisem Veräi präsentéiert. Et war schonn oft am Comité doriwwer geschwat ginn, mee et ass ni geschitt. Scho laang hu mir dru geduecht, fir eise Logo ze moderniséieren. Et war zimmlech vill Aarbecht a Gespréich, bis mir all op engem gemeinsamen Nenner waren an de Logo schlussendlech fäerdeg war a vu jidderengem acceptéiert gouf. Genee esou war et bei eiser neier personaliséierter Uniform, déi mir uschléissend präsentéiert hunn. Ech fannen se ganz flott an denken, dass elo kee méi iwwersäit, wou mir hierkommen.

F.C. JEUNESSE USELDANGE 1945




D'Schlusswuert hat wéi ëmmer de Buergermeeschter Pollo BODEM, deen sech zefridde mat de Resultater vum FC JEUNESSE USELDENG gewisen huet, deen de Football als e gudden Ambassadeur no bausse gesäit, a frou ass, wann hien am Land ënnerwee ass an op d'Useldenger Veräiner ugeschwat gëtt.

Hien huet eis weiderhin de Support vun der Gemeng garantéiert a gouf och e kuerzen Abléck iwwer Aarbechten um Terrain, déi eis d'Trainingsméiglechkeete weesentlech verbessere wäerten.

Den Training vun de Seniors huet an dësem Moment ugefaange wou dësen Artikel geschriwwe gouf, den éischte Championnatsmatch ass den 23. August zu Useldeng géint Folschette.

An engem éischten Testmatch um Useldenger Kirmessamsdeg géint déi däitsch Ekipp vun TUS TIEFENSTEIN hate mir mol e gudden Ufank an hunn de Match um Terrain zu Béiwen héich mat 16-1 gewonnen. Hei de Programm vun de weidere Preparatiounsmatcher:

- 23/07/26, 19.30 Auer
  FCJU – US Feulen / Erpeldange
- 26/07/26
  Finales à Erpeldange / Erpeldange
- 30/07/26, 19.30 Auer
  FCJU – FC Kehlen / Boevange
- 01/08/26, 18.30 Auer
  Mensdorf – FCJU / Mensdorf
- 02/08/26
  Finales à Boevange / Boevange
- 05/08/26, 19.30 Auer
  Heiderscheid – FCJU / Heiderscheid
- 08/08/26
  Finales à Mensdorf / Mensdorf
- 12/08/26, 19.00 Auer
  FCJU – Aischdall / Hobscheid
- 14/08/26, 20.00 Auer
  FCJU – Harlange / Useldange
- 19/08/26, 20.00 Auer
  FCJU – Vianden / Useldange

D'Jugend mécht elo mol Vakanz an déi wënsche mir Iech och. Weider Informatioune fannt dir op www.footballuseldeng.lu oder eiser Facebooksäit.

TEXT & FOTO: CHARLES REISER

# Kaddoe fir 24 Jubilaren am HPPA Réiden/Atert



Déi traditionell gemeinsam Gebuertsdagsfeier, déi e puermol am Joer am Home Saint- François Réiden/Atert fir hir Jubilaren, zesumme mat hire Familljen, organiséiert gëtt, mécht jidderengem ëmmer vill Freed.

En Donneschden, den 21. Mee war et nees esou weit, wou net manner wéi 24 Jubilare vun de Méint Mäerz an Abrëll mat engem schéine Kaddo geéiert gi sinn.

Den Home-Direkter Dany Oestreicher mat sengem Personal war et och eng besonnesch Freed alle Gebuertsdagskanner déi allerbescht Gléckwënsch vum Haus, verbonne mat enger gudder Gesondheet op hirem weidere Liewenswee ze iwwerbréngen.

Fir bescht Stëmmung an Danzmusik, huet den Entertainer Willy, wéi gewinnt mat sengem besonneschen Humor, de ganzen Nomëtteg gesuergt.

Natierlech huet nieft engem Glas Cremant och e gutt Stéck vum grousse Gebuertsdagskuch a géint der Owend e leckeren Teller mat Spezialitéite vum Haus net duerfe feelen.

**Mir wënschen dem Här Colbach alles Guddes fir seng 90 Joer, dem Här Kleer alles Guddes fir seng 94 Joer an der Madamm Goedert-Knops alles Guddes fir hiren 93. Gebuertsdag.**

TEXT & FOTO: HALTO

# Éischte Familljemoment am Bësch vun HALTO





HALTO huet am Juli säin éischte Familljemoment am Bësch organiséiert. Dëse Pilotprojet sollt Familljen d'Méiglechkeet ginn, sech an enger entspaanter Atmosphär kennenzeléieren, Zäit mat hire Kanner ze verbréngen an nei Kontakter ze knäppen.

Um Dag selwer si Famillje mat ganz ënnerschiddleche Kulturen, Sproochen a Liewensrealitéiten zesummekomm. Lëtzebuergesch, Däitsch, Portugisesch, Ukrainesch a Brasilianesch waren ze héieren. Och d'Kanner hunn ënnerschiddlech Perséinlechkeeten, Fäegkeeten a Besoine matbruecht. Kanner mat Neurodivergenz, ageschränkter Mobilitéit oder chromosomale Besonneschheete waren zesumme mat hire Geschwëster an Elteren dobäi.

Am Mëttelpunkt stoung net e feste Programm, mee dat gemeinsaamt Erliewen. D'Kanner konnten op der Bëschspillplaz spillen, d'Natur entdecken a sech fräi beweegen.



D’Naturaktivitéit gouf vun eiser HALTO-Member Nicole virbereet a begleet. Et gouf Stockbrout gemaach, gegrillt, geschwat a gelaacht.

Och tëscht den Elteren ass dobäi e wäertvollen Austausch entstanen. Si konnten Erfahrunge matenee deelen an iwwer dat schwätzen, wat si am Alldag beschäftegt. D’Gespréicher hunn sech ganz spontan erginn, beim Feier, beim Iessen oder wärend d’Kanner gespillt hunn.

Ursprénglech war och e „Walk & Talk“ fir d’Eltere geplangt. Déi entspaant Atmosphär an dat einfacht Zesummesinn hunn awer esou gutt gedoen, datt keng separat Auszäit néideg war. De gemeinsame Moment mat de Kanner gouf selwer zu enger klenger Paus vum Alldag.

Genee hei setzt HALTO un. D’Initiativ wëll Elteren Halt ginn, Austausch erméiglechen an Entlaaschtung schafen. Dat heescht net ëmmer, datt Elteren a Kanner getrennt musse sinn. Heiansdo entsteet Entlaaschtung grad do, wou Familljen zesumme kënne sinn, d’Kanner hir Plaz fannen an d’Elteren sech net erkläre mussen.

De Bësch, d’Spillplaz an d’Rou vun der Natur hunn dofir de passende Kader gebueden. All Famill konnt de Nomëtteg esou erliewen, wéi et fir si gepasst huet. Et gouf keng Erwaardung, sech unzepassen oder engem festgeluechten Oflaf ze folgen.

Dëse Familljemoment huet gewisen, wéi wäertvoll Plaze sinn, wou Elteren sech begéinen, Kanner zesumme mat hire Geschwëster spillen an ënnerschiddlech Liewensrealitéite ganz selbstverständlech Deel vun der Gemeinschaft sinn.

E grousse Merci geet un all d’Familljen an un d’Memberen vun Aura Dorée asbl, déi mat hirer Offenheet, hirem Vertrauen an hirem Matenee zu dëser schéiner Atmosphär bäigedroen hunn.

HALTO seet och der Gemeng villmools Merci, datt mir dëse besonnesche Plaz am Bësch fir eis Aktivitéit notze konnten.

En Nomëtteg, bei deem Halt do war an all Famill konnt sinn, wéi se ass. Ganz nom Gedanke vun HALTO: Alles duerf, näischt muss.



TEXT: BRENDA BRÜCK / FOTO: CLAUDE HOSTERT

# E mageschen Owend mat der Harmonie Useldeng



Den 23. Mee 2026 huet d'Harmonie Useldeng hiren traditionelle Galaconcert ënnert dem Thema „Zauberei" presentéiert. Passend zum Motto stoung de ganzen Owend am Zeeche vun der Magie.

Mat vill Kreativitéit, Zäit an Engagement gouf d'Sportshal an e richtege Concertssall verwandelt. D'Hal war kaum erëmzeerkennen an huet de Public direkt beim Erakommen an eng zauberhaft Atmosphär versat.

Un der Virbereedung an der Gestaltung vun der Dekoratioun ware vill Leit bedeelegt. Eis trei Hëllefsengelen, d'Mamme vun eiser Jugend a vill Fräiwëlleger hunn déi ganz Hal passend zum Thema dekoréiert. Och d'Kanner aus der Grondschoul Useldeng an Näerden hunn, wéi all Joer, vill verschidden Dekoratiounselementer gebastelt an domat zu dëser eenzegaarteger Kuliss bäigedroen.

Fir e flotte musikaleschen Ufank vum Concert huet d'Jugendmusek ënnert der Direktioun vum Pick Karin gesuergt.

Si huet mat deenen zwee Stécker „Nessaja" vum Peter Maffay an „Song from the Musical Tabaluga", arrangéiert vum Kurt Gäble, de Public begeeschtert an domat de Concert stëmmungsvoll agelaut.

Ënnert der Leedung vun hirem Dirigent Weyland Christophe huet d'Harmonie Useldeng dem Public en ofwiesslungsräichen a qualitativ héichwäertege Programm presentéiert. Mat vill Engagement an enger gelongener Auswiel u Museksstécker hunn d'Musikantinnen an d'Musikanten d'Visiteure begeeschtert.

Mat vill Charme an Humor ass de ganze Concert vum Moltalto Paul präsentéiert ginn, deen de Public mat interessanten Erklärungen an enger sympathescher Moderatioun duerch de Programm geféiert huet.

E weidere flotte Moment vum Owend war d'Iwwerreechung vun engem Scheck am Wäert vun 1.000 € un d'Stëftung Parkinson Luxembourg a.s.b.l.. Mat dësem Don wollt d'Harmonie Useldeng déi wichteg Aarbecht vun der Associatioun ënnerstëtzen an hir Solidaritéit mat de Betraffenen an hire Familljе weisen.

Duerch d'Zesummespill vu Musek, Beliichtung an Dekoratioun gouf de Public an eng ganz besonnesch Zauberwelt entfouert. Esou gouf de Galaconcert vum 23. Mee zu engem aussergewéinlechen Erliefnis, dat de ville Visiteuren nach laang an Erënnerung bleiwe wäert.

Mir freeën eis schonn elo op eisen nächste Galaconcert, deen de 15. Mee 2027 wäert stattfannen.

TEXT: BRENDA BRÜCK / FOTO: LUCA RAUSCH

# Hämmelsmärsch 2026

Och dëst Joer war d'Harmonie Useldeng nees duerch d'Stroossen an der Gemeng ënnerwee. Esou hu mir de 17. Mee 2026 zu Iewerleng, den 31. Mee 2026 zu Schandel an den 19. Juli 2026 zu Useldeng mat eiser Musek fir flott Stëmmung gesuergt.

Fir d'Musikanten a Musikantinne sinn dës Optrëtter ëmmer erëm eng flott Geleeënheet, fir de Leit ons Freed un der Blosmusek matzedeelen.




TEXT: BRENDA BRÜCK

# 1.-Mee-Feier



Den 1. Mee ass schonn en Datum am Kalenner, dee bei onse Musikante grouss ugestrach ass.

Och dëst Joer huet d'Harmonie Useldeng den 1. Mee op traditionell Aart a Weis gefeiert. De Moien huet mat engem flotte Rendez-vous am Bësch ugefaangen, wou eis Musiker a Jugendmusiker déi néideg Äscht a Gréngs gesammelt hunn, fir Meekränz ze bannen. Vill schéi Meekränz sinn entstan an dobäi hate mer e puer richteg gesellег Stonnen am Bësch. Dës Traditioun ass fir d'Harmonie all Joer e schéine Moment, bei deem d'Jugend aktiv mat agebonne gëtt.

Nodeems d'Kränz fäerdeg waren, ass d'Harmonie duerch d'Duerf gezunn an huet bei de Plazen, wou d'Meekränz opgehaange goufen, traditionell Märsch gespillt. D'Awunner hunn d'Musek genoss an d'Musikanten häerzlech empfaangen. Den Dag ass duerno hannert dem Centre Culturel an enger gemittlecher Atmosphär ausgeklongen. Beim Grillen hu Musikanten, Familljen a Frënn nach e puer flott Stonne matenee verbruecht. Esou war dës 1.-Mee-Feier erëm e gelongenen Dag, deen Traditioun, Musek a Gesellegkeet op eng schéin Aart a Weis verbonnen huet.

TEXT: BRENDA BRÜCK / FOTO: CHAREL REISER

# Ofschlossconcert 2026



De 14. Juli 2026 huet d'Harmonie Useldeng mat hirem traditionellen Ofschlossconcert op der Place Tit Schroeder eng erfollegräich Mu-sekssaison ofgeschloss. Bei schéins-tem Summerwieder hunn sech vill Gäscht afonnt, fir zesummen e gemittlechen a musikaleschen Owend an enger flotter Atmosphär ze verbréngen.

Den Owend gouf vun eiser Jugend-musek ageleet. Déi ganz Kleng, grad ewéi déi méi Grouss, konnten dobäi hiert musikalescht Talent ënner Beweis stellen.

Präsentéiert gouf dem Public e lockeren an ënnerhalsame Pro-gramm. Mat enger ofwiesslungsräi-cher Auswiel u bekannte Melodien, modernen Arrangementer a Rhyth-men ass fir all Musiksgeschmaach eppes dobäi gewiescht.

E ganz besonneschen an emotio-nalen Ament vum Owend war dem laangjärege Musikant John Weber gewidmet. Zënter 2016 war hien e geschätzte Member vun der Harmo-nie Useldeng a war mat vill Freed an Engagement Deel vun eisem Veräin an hält als aktive Musikant op.

Als Zeeche vun Unerkennung an Dankbarkeet huet d'Harmonie Useldeng him als Iwwerraschung d'Musekssteck „Always on my mind" gewidmet. Wärend dësem Stéck huet de President sech mat e puer pers-éinlechen a häerzleche Wierder un de John geriicht an him Merci gesot fir seng Joren am Déngscht vun der Musek an dem Veräin.

Dëse beweegende Moment huet net nëmmen de John, mee och vill Leit am Public beréiert. Mat Tréinen an den Aen huet hien déi léif Wierder entgéintgeholl. Et war en Ament voller Emotiounen, Dankbarkeet a Frëndschaft, deen nach laang an Erënnerung bleiwe wäert.

Mat dësem Ofschlossconcert geet eng erfollegräich Saison op en Enn.





TEXT & FOTOEN: IBS

# Iewerlenger Bréckestäiler



Léif Frënn vun den IBS a léif Awunner aus eiser Gemeng,

d'Iewerlenger Bréckestäiler haten um 11. Juli nees hiren Highlight um Programm. Den Duck Race. Wa mir eis déi Jore virdrun ëmmer nees gefrot hunn: „Wat maache mir bei Héichwaasser?“ Sou war d'Fro dëst Joer: „Wat maache mir bei Kee-Waasser?“ Eh bien, och wann déi Suerg anerer sécherlech nach méi beschäftegt huet wéi eis als Veräin, sou ware mir dach frou, dass eis Inten et iergendwéi vun der aler Bréck bis bei déi nei Passerelle gepackt hunn. Och wann et dëst Joer e bësse méi laang gedauert huet wéi nach déi Jore virdrun. A fir d'Statistiker ënnert eis, tëscht der éischter an der leschter vun 1.600 Inten, louch genee eng hallef Stonn, woubäi déi éischt den Trajet a 16 Minutten ofgeschloss huet. Schéi war och, dass de Gewënner vum Haaptpräis sur Place war a säi Präis freedeg entgéinthuele konnt. Dass de Summer 2026, änlech wéi dee vun 2003 e besonnesch waarme war, wäerte mir nach laang an Erënnerung behalen. Aus deem Grond hate mir eis dozou entscheet, d'platt Waasser eist ganzt Fest iwwer gratis ze verdeelen.

A wann een ufanks duecht: „Mir hunn es labber genuch", sou goungen dach ëm déi 200 Liter iwwert d'Théik, wat bal engem „Zut, awer net genuch!" gläichkoum. Mee schlussendlech goung et just duer!

Mir wëllen dann hei awer nach eemol vun der Geleeënheet profi-téieren, alle Leit, déi do waren, der Useldenger Harmonie, eise Spon-soren, dem Charel vu MayB2, eise Sponsoren an alle Frënn, déi eis gehollef hunn „villmools Merci" ze soen. Ouni iech wier sou e Fest fir e klenge Clibbche wéi mir ee sinn, net ze stemmen.

Nieft Inte schwamme loossen, si mir bekanntlech och am Bistros-wiesen ënnerwee, an dat all éischte Sonndeg vum Mount. Als Ausses-toende kéint een sech duerchaus froen, ob dat op Dauer net iergend-wéi langweileg gëtt. An eis Äntwert ass ganz kloer: „Zwar net, well genee wéi an de Lidder" „Bei ons am Dierfchen" an „de klenge Bistro bei ons an der Gässel", treffen sech hei ëmmer nees déi Jonk an Al wéi fréier op dem Kiermesbal an da gëtt disku-téiert vum Sport, vun der Aarbecht, vu Fridden, vum Krich a vu Geld.

A mir sinn eis eens, beim Schnapps a beim Béier fënnt jiddereen d'Léi-sung fir d'Probleemer all vun der Welt. A wann Dir nach net bei eis waart, awer eng Léisung zu allen ak-tuelle Probleemer ze proposéieren hutt, dann zéckt net a kommt bis bei eis! Mir freeën eis op jiddereen!

Fir ofzeschléisse wollte mir d'Kan-ner aus der Gemeng dann nach follgendes froen: „HALLO-WEEN huet dann den 31. Oktober Zäit a virun allem keng Angscht bei eis an d'Spukhaus e grugelesche Kürbis schnëtzen ze kommen? " - „Du?" - „Ok!" - Da so deng Mamma oder däi Pappa sollen den Datum scho fett an de Kalenner schreiwen!

Weider Informatioune kommen nach no. Bis dann! Huuaaahahahahaaaaaa!





TEXT & FOTOEN: JULIA HASLBAUER

# Jugend-Sport-Familljekommissioun

**De KannerJugendLAB stellt sich vir! Hues du Loscht, eppes an denger Gemeng op d'Been ze stellen? Da bass du am KannerJugendLAB genee richteg!**



Mir sinn eng Grupp vu Kanner a Jugendlecher aus der Gemeng Useldeng a gehéieren zur Jugend-Sport-Familljekommissioun. Aktuell si mir 10 Memberen, an et kënne bis zu 16 Kanner a Jugendlecher tëscht 6 a 15 Joer matmaachen. Et gi keng Walen, wann s du interesséiert bass, kanns du dech einfach iwwer jsfk@useldeng.lu mellen an dech informéieren.

Bei eis kanns du deng Iddien abréngen, mat aneren diskutéieren a gemeinsam Aktivitéiten a Projete plangen. Mir ginn dobäi vum Starsky an dem Hugo, zwee Membere vum Gemengerot, ënnerstëtzt. Si hëllefen eis zum Beispill bei der Organisatioun vum Budget oder wann et aner Froe ginn. Och lokal Veräiner an Erwuessener begleeden eis bei verschiddene Projeten.



Dat Bescht ass: Mir entscheeden net nëmmen, wat mir wëlle maachen, mir setzen eis Iddien och selwer ëm. Vun der éischter Iddi bis zur fäerdeger Aktivitéit si mir mat dobäi. Dobäi léiere mir Verantwortung ze iwwerhuelen, zesummen ze schaffen, Entscheedungen ze treffen an aus eisen Erfarungen ze léieren.

Am Schouljoer 2025/2026 hu mir ënner anerem e Smoothie-Stand mat selwer erfonnte Smoothien, e Spillnomëtteg, e Stand um Chrëschtmaart, eng Kannerdisco (mat der Hëllef vun den IBS), eng Liesung vu Kanner fir Kanner (mat der Hëllef vum Potty Lotty), e Kannerfloumaart (mat der Hëllef vun den IBS) an e Familljerallye am Hieselbësch (mat der Hëllef vum Kina vu Samo.lu) organiséiert.

Um Enn vum Schouljoer hu mir zesumme gekuckt, wat gutt gelaf ass, wat mir besser maache kënnen a wéi eis nächst Projete sollen ausgesinn. Als Ofschloss si mir zesumme Lasergame spille gaangen.

Fir d'Schouljoer 2026/2027 hu mir schonn eng ganz Rei nei Iddien: e weidere Spillnomëtteg, e Stand um Chrëschtmaart, e Paneschowend, en Theaterprojet an nach vill aner spannend Aktivitéiten.

Du wëlls och mat dobäi sinn? Da mell dech bei jsfk@useldeng.lu, mir freeën eis op dech!







## E gelongene Sport-Parcours fir jiddereen

De 5. Juli 2026 huet d'Jugend-, Sport- a Familljekommissioun fir d'éischt Kéier e Sport-Parcours fir Grouss a Kleng, Jonk an Al an der Sportshal zu Useldeng organiséiert.

Ronn 30 Participantë sinn der Invitatioun nogaangen an hu mat vill Freed a Begeeschterung um Parcours deelgeholl. D'Iddi war et, e Beweegungsangebot fir all Altersgruppen ze schafen an dobäi Spaass an dat gemeinsaamt Erliefnis an de Mëttelpunkt ze stellen.

D'Veranstaltung war e flotte Succès a gouf vun enger ganz positiver Atmosphär gedroen. Déi vill gutt Réckmeldunge weisen, datt esou eng Aktivitéit op Interessi stéisst an d'Leit zesummebréngt.

D'Jugend-, Sport- a Familljekommissioun freet sech iwwert dëse gelongene Start a plangt, de Sport-Parcours fir jiddereen och an Zukunft erëm unzebidden.



## Pattebus

Mat der Rentrée 2026/2027 féiere mir eis privat Initiativ weider a mir géifen eis freeën, wann nach méi Famillje géifen dobäikommen. Eis Hoffnung ass, datt d'Iddi vum Pattebus och aner Dierfer a Gemengen inspiréiert.

Mir wëssen, datt de Moien dacks hektesch ass an all Minutt zielt. Awer grad de gemeinsame Schoulwee kann e flotte Moment sinn, fir den Dag entspaant unzefänken, sech e bëssen ze beweegen an aner Kanner an Elteren aus dem Duerf ze treffen.

Mir treffen eis all Freideg moies um 7:40 Auer an der Rue de Schandel 17 zu Useldeng a ginn zesumme mam Pattebus am Moment begleet vun de Muppe Wilma an Oréo zu Fouss an d'Schoul.

Jiddereen, dee Loscht huet, ass häerzlech wëllkomm. Du kanns reegelméisseg matgoen oder et einfach emol ausprobéieren. D'Participatioun ass fräiwëlleg, a jidderee geet op eege Verantwortung mat. Et handelt sech ëm eng privat Initiativ. Denkt w.e.g. un e Sécherheetsg

## Adventspedibus

Och dëst Joer gëtt erëm den Adventspedibus organiséiert. Hie fënnt vum 1. Dezember bis den 18. Dezember statt. An der Zäit maache mir de Schoulwee gemeinsam an enger flotter Adventsstëmmung – mat Mutz, Luuchten an enger gudder Portioun Wantercharme.

Vläicht hues du Loscht, et dëst Schouljoer emol mat eis ze probéieren. Mir freeën eis op vill flott gemeinsam Schrëtt, schéi Begéinungen an e séchere Start an den Dag!

TEXT: JESSIE FISCH

# Indiaca Nethoppers

**Alt nees ass eng weider Indiaca-Saison eriwwer.**

Eis 3 Ekippe sinn dëst Joer erëm beim Championnat ewéi och bei der Coupe ugetrueden an hunn sech an de verschiddene Kompetitioune behaapte kënnen. Eis Dammen hunn eng gutt 4. Plaz am Championnat an an der Coupe gemaach, woubäi eis Häre souwuel am Championnat wéi och an der Coupe 2. gi sinn, an d'Coupe Finall ufanks Juni an der Coque spille konnten. Och eis Mixte Ekipp konnt sech beweisen an eng 3. Plaz am Championnat erspillen.

**Just for Fun: 25. Abrëll 2026**

Och dës Saison war eis Ekipp erëm wärend dem Just for Fun um an niewent dem Terrain aktiv. 17 Ekippen hunn de Wee op Useldeng fonnt an hu gutt Leeschtungen um Terrain bruecht.

Nieft de Matcher an den Trainingen ass awer och dës Saison nach genuch Zäit fir aner flott Aktivitéite bliwwen. Mir waren ënner anerem bei der Aktioun „Aktiv an der Gemeng Useldeng“ dobäi an hunn am Oktober bei Autisme Luxembourg zu Biekerech eise Sport virgestallt. Am Dezember hu mir zesummen de Chili fir de Chrëschtmaart preparéiert an de 5. a 6. Dezember um Chrëschtmaart zu Useldeng gehollef. Och e gemittlecht Raclette-Iessen zu Iewerleng am Festsall stoung um Programm.

Fir d'Saison zesummen ofzeschléissen, hu mir eist traditionellt Summerfest am Juli gehat an ee flotten Owend zesumme verbruecht.

Komm mol laanscht! Wann's du Loscht hues, en neie Sport auszeprobéieren oder einfach eng motivéiert Ekipp ze begéinen, komm gären op den Training! Mir trainéieren ab September erëm all Mëttwoch Owend um 20:00 Auer an der Hal zu Useldeng. Jiddereen, egal ob Ufänger oder Erfuerenen, ass häerzlech wëllkomm!


Summerfest


Coupe Finall


Just for Fun

TEXT: MANUKULTURA / FOTOEN: CHRISTIANE HARPES

# Optrëtt vu Schaulust an der ManuKultura



Den Theatergrupp besteet aus internationalen Acteuren aus Däitschland, Lëtzebuerg an der Schwäiz, déi zesumme mat der Musik vum Joe Weiß fir eng stëmmungsvoll a musikalesch Ambiance gesuergt hunn. D'Grupp huet sech wärend hirer Improvisatiounsschauspills-ausbildung kenne geléiert an hunn sech dunn zesummegedoen a spillen haut op ville Bünen an Däitschland, mee och bei eis zu Useldeng.

Wann dir och interesséiert sidd u flotten Aktivitéiten an Eventer deelzehuelen, kënnt Dir dëst am neie Programm vun der Manu-Kultura nokucken. Op der Websäit (www.manukulturauseldeng.com) fannt Dir de komplette Programm opgelëscht wei och all d'Datumer an d'Auerzäite vun de jeeweilegen Aktivitéiten.

De 14. September start den neie Programm, deen eng Vilfalt u kreativen a kulturellen Aktivitéiten, Concerten ewéi och Workshops iwwer verschidden Theemen ubitt. Mir freeën eis Iech geschwënn an der Manu-Kultura ze begréissen!

Mei Informatiounen:
manukultura@useldeng.com
www.manukulturauseldeng.com
oder op Facebook ManuKultura

De 5. a 6. Juni 2026 huet d'Manu-Kultura dem Theatergrupp SCHAU-LUST d'Bün iwwerlooss, déi fir eng lëschteg Stëmmung gesuergt hunn. De Cabaret-Sall war gutt gefëllt an d'Nofro war grouss. Dofir konnt de Public sech op en zweeten Optrëtt freeën, deen de 6. Juni stattfonnt huet. Sou war de Weekend gefëllt mat zwee Owender voller Iwwerra-schungen an emotionalen Héich-punkten. Ganz no hirem Motto: „Lachmuskel trifft Tiefgang" hunn d'Acteuren ouni festgeschriwwe-nem Skript, reng aus dem Moment eraus, Geschichten, Charakteren an Zeenen improviséiert, déi souwuel humorvoll wéi och déifgrënneg waren.





# Mëttel-alterfest














Taeschnerey













FOTOEN: CHRISTIANE HARPES & CHAREL REISER

# Nationalfeierdag 2026 – dëst Joer eemol anescht.


© Christiane Harpes

Dëst Joer war fir d'Festivitéite vun Nationalfeierdag villes anescht a genee dat huet dësen Owend esou besonnesch gemaach. Amplaz wéi gewinnt den 23. Juni am Dag ze feieren, stoung dëst Joer schonn de Virowend ganz am Zeeche vum Nationalfeierdag. D'Fest huet dëst Joer am Buerghaff stattfonnt.

Organiséiert gouf d'Feier vun de Kultur a Buergfrënn, zesumme mat der Gemeng. Eng nei Plaz, en neit Konzept an e puer nei kulinaresch Highlights stoungen um Programm.

Et war fir jiddereen eppes dobäi, d'Pompjeesfrënn hunn de Grill an de Comptoir iwwerholl, de Pizzafoodtruck Verace huet Pizzaen aus dem Holzuewen zerwéiert, wärend d'Confiserie Coné mat leckere Séissegkeete fir den Dessert gesuergt huet.

Fir déi richteg musikalesch Ambiance huet Gans Anders op der Bühn vun de Kultur a Buergfrënn gesuergt. Mat hirer Musek hunn si de Buerghaff an déi richteg Feierlaun versat an dofir gesuergt, datt d'Stëmmung bis spéit an d'Nuecht bliwwen ass.

Och déi jéngst Gäscht koumen net ze kuerz. Am Kanner-Eck konnt mat verschiddenen Spiller gespillt ginn.

Eng nei Plaz, an eng ganz besonnesch Atmosphär, et gouf zesumme gefeiert, gelaacht a giess, e Summerowend, deen nach laang a gudder Erënnerung wäert bleiwen.


© Christiane Harpes


CONFISERIE
CONE
© Christiane Harpes


© Charel Reiser


© Charel Reiser


© Charel Reiser


© Charel Reiser


© Charel Reiser


© Charel Reiser


© Charel Reiser


© Charel Reiser


© Charel Reiser


© Charel Reiser

TEXT: JEFF BAUER / FOTO: ISABELLE WALTRING

# Nopeschfest Helpersbierg



Nom Succès vum leschte Joer, hate sech de 7. Juni d'Nopere vum Helpersbierg erëm zu engem Fest zesummefonnt. De ganzen Dag hate mer all zesumme vum gudden an duuschtrege Wieder profitéiert. Och dëst Joer konnte mer erëm e puer néi Nopere begréissen, an d'Kanner hate sech prächteg ameséiert.

Op dëser Plaz wëlle mer e puer Mercie weiderginn:

Der Useldenger Gemeng fir hir onkomplizéiert Hëllef fir d'Späre vum Parking an dem Bereetstelle vu Material, den Iewerlenger Bréckestäiler fir hiert Zelt an de Grill, Wiesen & Piront fir hire klengen Don zu eisem Fest, awer och de Familien, déi dobäi waren an deen Dag esou schéi gemaach hunn.

Den Iwwerschoss vum Budget hu mer zu engem Deel un APECU an zu engem aneren Deel un d'Iewerlenger Bréckestäiler gespent.

## Op e super Fest 2027!

TEXT: CLAUDE BOUDLER

# Nopeschfest an der Cité Penzelbaach

D’Nopeschfest 2026 an der Cité Penzelbaach war dëst Joer de Freideg, 29. Mee. Et war fir d’10. Kéier, dass d’Bewunner aus der Cité Penzelbaach sech fir d’Nopeschfest getraff haten. Fir de ronne Gebuertsdag haten d’Organisateuren sech eppes Spezielles ausgeduecht an duerch e Quiz iwwer Useldeng an 2 Spiller probéiert, de geschécklechsten Awunner aus der Cité ze bestëmmen.





Eise Buergermeeschter Pollo Bodem war bis elo bei allen Editioune vum Nopeschfest dobäi, fir den Anniversaire war hien awer leider verhënnert a gouf duerch de Schäffe Raoul Schaaf ersat an huet, haut ass dat jo kee Problem méi, online un eisem Quiz deelgeholl.





Beim Quiz mat 18 Froen an den 2 Spiller huet de Gilles Thiel am beschten ofgeschnidden a krut den Titel als „Geschécklechsten Awunner vun der Cité Penzelbaach“. Donieft brauch hien och d’nächst Joer keng Participatioun ze bezuelen.

Duerno ass gegrillt ginn an et si puer Stonnen a flotter Gesellschaft verbruecht ginn, sou flott dass mir dëst Joer eis traditionell Gruppefoto vergiess haten, duerfir awer e puer aner Schnappschëss geschoss hunn.

TEXT: BEN, GILLES, JEANLUC, PATRICK AN TOM

# Vollgas zu Schandel mat de Schandeler Duerffrënn!

Déi lescht Méint hu mir, d'Schandeler Duerffrënn, eng ganz Rei flott Aktivitéiten organiséiert, déi vill Liewen, Dynamik a Gemeinschaftsgefill an eist Duerf bruecht hunn.

## Kleeschen an der Kierch

Den 3. Dezember hu mir de Kleeschen a säi Gesell, den Houseker, an der Schandeler Kierch empfaangen. Wärend mir fir Gedrénks a Gegrills gesuergt hunn, hunn de Kleeschen an den Houseker de Kanner Mandarinnen, Boxemännercher a Séisses ausgedeelt. All Kand konnt eng Foto mam hellege Mann maachen, éier hien zeréck an säin Himmelsland geflunn ass. Bemierkenswäert: den Houseker huet kengem Kand eng Rutt ginn, d'Schandeler Kanner gehéieren also wuel zu de braavste vun der ganzer Gemeng!

## Adventspatt

Den 21. Dezember hu mir eise Matbierger Rendezvous um Adventspatt ginn. Vum fréien Nomëtteg un hu mir virum Centre Culturel mat wanterlechem Gedrénks, Chrëschtmusek a waarmen Iewe fir eng gemittlech Chrëschtstëmmung gesuergt. De Käercher Jeeër huet mat senge Wëldspezialitéiten all Honger gestëllt, an d'Kiischt um Kuck waren déi lokal Drëppen aus dem Préizerdall, déi bis spéit an den Owend geschmaacht goufen.

## Generalversammlung

Den 19. Mäerz hu mir eis Generalversammlung zesumme mat de Kolleege vun Iewerleng, de Bréckestäiler, organiséiert. A Präsenz vu ville Sympathisanten an dem Gemengerot, hu béid Veräiner e Réckbléck op hir Aktivitéite ginn, e kloert Zeechen, wéi wichteg dës Associatiounen an hire respektiven Dierfer sinn.

Zum Ofschloss hu mir zesumme mat den IBS e generéise Patt ausginn. E grousse Merci un d'Bréckestäiler fir hiren häerzlechen Empfang an der „Aler Schoul" zu Iewerleng!

## Festiesse mat der „Jugend vu Schandel"

Den 20. Mäerz hu mir en eemolege Festowend gefeiert: d'Absorptioun vum Veräin „Jugend vu Schandel" duerch d'Schandeler Duerffrënn. Eise VirgängerVeräin ass offiziell opgeléist ginn an huet seng Fongen un eis weiderginn. Fir dëse wichtege Moment ze veréiwegen, goufen all deemoleg Membere vun der „Jugend vu Schandel" op en Owendiessen am „Péitche Lauer" invitéiert. Bis spéit an d'Nuecht hu mir Erënnerungen, Anekdoten a vill Nostalgie gedeelt. Eng Saach steet fest: dëse convivialen Owend muss widderholl ginn!



**Pünktlech virun der Péngschtvakanz ass d'Schandeler Kiermes an engem frësche Konzept zeréckkomm. Dräi Deeg Animatioun, vill Leit an eng super Stëmmung.**

- Freideg, 29. Mee: Eise lokale Partner-Veräin, den Dëschtennis vu Schandel, huet eise Gedrénksstand iwwerholl a fir jidderee gegrillt.
- Samschdeg, 30. Mee a Sonndeg, 31. Mee: Mir hunn d'Feierlechkeeten iwwerholl a fir Stëmmung vir an hannert dem Comptoir gesuergt. Nieft de Kiermesspiller, Sandkaul a Sprangschlässer gouf et Facepainting a Glitzertatoos fir d'Kanner, alles vun eis offréiert.

D'Erwuessener konnten un enger Tombola deelhuelen an en Iessbong am Wäert vun 100 € beim Restaurant „Am Schlass" zu Iewerleng gewannen. Nei dëst Joer: All Schandeler Stot krut e Bong vu 5 €, deen um Gedrénksstand konnt ageléist ginn.

De Bilan vun der Kiermes schwätzt eigentlech fir sech:
- ronn 800 gezaapte Liter Béier op deenen 3 Deeg
- Musek vun 3 lokalen Harmonië verdeelt op 2 Deeg
- All Dag Honnerte Visiteuren op der Kiercheplaz
- a 5 midd, mee ganz houfreg Duerffrënn !

Als leschten Highlight virun der Summervakanz hu mir 18 Schandeler Kanner mat engem Laachen an d'Vakanz gescheckt: de Ponydag, organiséiert mat eisem Partner „RoCa S.àr.l." wou d'Kanner mam Cheryl Rollinger reide geléiert hunn.

Moies waren déi kleng Kanner um Reithaff fir ze spillen, sech kennen ze léieren an déi grouss Ponyen ze entdecken. Nomëttes waren d'Kanner vu 6 bis 12 Joer drun. Fir d'Begleeder gouf et Kaffi a Mëtsche moies an eng Glace nomëttes natierlech och vun eis offréiert.









E grousse Merci

D'Schandeler Duerffrënn soen en häerzleche Merci un all eis Partner, Sponsoren, Benevollen a Visiteuren, déi un eisen Eventer deelgeholl hunn a zu hirem Erfolleg bäigedroen hunn! Mir wäerten och an den nächste Méint fläisseg Ausflich an Aktivitéite plangen, fir weiderhin eis Duerfgemeinschaft ze stäerken!

TEXT: PIERRE DA SILVA / FOTO: CHAREL REISER

# 20 Joer Senioreforum – E Fest vun der Frëndschaft a vum Zesummesinn











Den 18. Abrëll 2026 huet de Senioreforum säin 20. Anniversaire gefeiert. Et war e ganz flotte, waarmen a conviviale Moment, deen eis Seniorefrënn zesummebruecht huet.

An enger frëndlecher Atmosphär gouf vill geschwat, gelaacht an un al Zäiten zeréckgeduecht. Vill flott Anekdoten aus der Vergaangenheet goufen erzielt an hu fir vill Laachen a gutt Laun gesuergt. Et war schéin ze gesinn, wéi Erënnerungen erwächt sinn an d'Ae vun de Participanten dobäi geglänzt hunn.

Fir e puer war et eng laang erwaart Geleeënheet, erëm ënner Leit ze kommen, Frëndschaften ze fleegen an nei Bekanntschaften ze maachen. Dës Momenter vum Zesummesi weisen, wéi wichteg sozial Kontakter fir d'Wuelbefanne vun eise Seniore sinn.

D'Feier war net nëmmen e Jubiläum, mee virun allem e Symbol vu Solidaritéit, Frëndschaft a Generositéit. Zanter 20 Joer setzt sech de Senioreforum dofir an, datt kee Senior sech eleng fillt an datt all Mënsch, onofhängeg vum Alter, seng Plaz an eiser Gesellschaft behält.

Mir soen all de Benevollen, Memberen a Frënn Merci, déi zu dësem flotte Jubiläum bäigedroen hunn, a freeën eis schonn op déi nächst Joren zesummen.

Scannez pour lire l'article en français, anglais et portugais

TEXT: PIERRE DA SILVA / FOTO: CHAREL REISER

# Ausflich 2026: Zesummen ënnerwee, zesummen erliewen

D'Joer 2026 war fir de Senioreforum Useldeng nees gepräägt vu flotte Reesen an onvergiesslече Momenter. Mat 3 ganz ënnerschiddlechen Ausflich konnten eis Seniore Kultur, Geschicht, Ënnerhalung a virun allem d'Freed um Zesummesi genéissen.

Schonn am Mäerz stoung den traditionellen Ausfluch op Kirrwiller um Programm. Bei engem exzellente Mëttegiessen an dem faszinéierende Spektakel „Parfum d'Étoiles" konnten d'Participanten en Dag voller Musek, Konscht an Ënnerhalung erliewen. Déi frëndlech Atmosphär an déi vill flott Gespréicher hunn dësen Dag zu engem besonnesche Gemeinschaftserliefnis gemaach.

Am Juli goung et op Idar-Oberstein, eng Stad déi fir hir Edelsteng a seng räich Geschicht bekannt ass. D'Besichtegung vum Schlass Oberstein an der Edelsteinmine „Steinkaulenberg" huet de Senioren interessant Ablécker an d'Vergaangenheet an d'Traditioune vun der Regioun ginn. Nieft dem kulturellen Deel ass och d'Gemittlechkeet net ze kuerz komm, an et ass vill geschwat a gelaacht ginn.

Den Héichpunkt vum Joer war sécherlech déi 5 Deeg laang Rees op Nürnberg am Juni. Nieft der Entdeckung vun der historescher Stad Nürnberg stoungen och Ausflich op Bamberg, Rothenburg ob der Tauber a Würzburg um Programm. Eng Schëfffaart zu Bamberg, kulturell Visitten an déi vill schéi Momenter am Grupp hunn dës Rees zu engem onvergiesslechen Erliefnis gemaach.

All dës Aktivitéite weise wéi wichteg et ass, och am Alter aktiv ze bleiwen an um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen. D'Ausflich hunn net nëmmen nei Andréck a flott Erënnerunge bruecht, mee och Frëndschafte gestäerkt an nei Kontakter entstoe gelooss. Zesummen ënnerwee sinn, Erfarungen deelen an eng flott Zäit verbréngen – dat mécht de Senioreforum zanter Joren aus.

De Kommitee vum Senioreforum freet sech, datt esou vill Memberen un dësen Aktivitéite matgemaach hunn, a wäert och an Zukunft alles dru setzen, fir eise Senioren attraktiv a geselleg Aktivitéiten unzebidden.

Well Gemeinsamkeet, Frëndschaft a Liewensfreed kennen nämlech keen Alter.

Scannez pour lire l'article en français, anglais et portugais






**Kontakt**

Mady Wolff-Tholl
621 197 934
wolma@hotmail

TEXT: PIERRE DA SILVA / FOTOEN CHRISTIANE HARPES

# De Senioreforum um Castle-Fun op der Buerg

Den 2ten August 2026 huet de Senioreforum Useldeng un der 3. Editioun vum Castle-Fun op der Buerg zu Useldeng deelgeholl.

Bei schéinem Summerwieder huet de Club de Catering assuréiert an domat zum Erfolleg vun dësem flotten Event bäigedroen.

Vill Kanner sinn zesumme mat hiren Elteren a Familljen op Entdeckungsrees gaangen a konnten déi verschidde Spill- an Aktivitéitsstatiounen ausprobéieren. Déi frëndlech a familiär Atmosphär huet de ganzen Dag iwwer fir vill Freed a gutt Stëmmung gesuergt.

De Senioreforum Useldeng seet der Kommissioun „Vivre ensemble" e grousse Merci fir déi exzellent Organisatioun. Mir hunn eis gefreet, Deel vun dësem interkulturellen a generatiounsiwwergräifende Rendez-vous ze sinn, deen den Zesummenhalt an d'Begéinen tëscht de Mënsche fërdert.





TEXT & FOTO: CHARLES REISER

# Éischt Kommioun fir 10 Kanner



An der festlech gerëschter Kierch vun Useldeng, hunn e Sonnden, den 19. Abrëll, gläich 10 Kanner aus der Par Aterdall Sainte-Claire an deelweis och aus anere Paren, hir éischt Kommioun vum Abbé Vincent Billot, empfaangen.

Musikalesch a gesanglëch huet den Instrumentenensemble zesumme mam lokale Gesangveräin aus der Gemeng mat hirem Organist Carlo Philippe an ënnert der Leedung vum Fernand Even, des Eucharisiefeier, verschéinert.

Och d'Kommiounskanner mat hire Virbereeder waren aktiv un dëser schéiner Feier bedeelegt.

FOTO: CHAREL REISER

# Diplomiwwerreechung vun der Musiksschoul Kanton Réiden



De 14. Juli huet d'Réidener Musikschoul op hier alljärlech Diplomiwwerreechung agelueden.

A Presenz vum Här Minister Eric Thill kruten d'Schüler hir Diplomer vum Schouljoer 2025-2026 iwwerreecht.

## Mir gratuléieren all de Laureaten a besonnesch deene jonke Musiker aus eiser Gemeng.













natur&ëmwelt
Kanton Réiden

Heimat invitéiere mir Iech ganz häerzlech op eise Virtrag

# E Flair vum héijen Norden - d’Natur a Vullewelt vu Skandinavien

den Donneschteg, 12. November um 19 Auer zu Kaalmes an der Aler Molkerei (7 um Waeschbur).

Déi nordesch Länner hunn net nëmme spektakulär Landschaften, mee och eng Déieren- a Vullewelt déi op déi haart Bedingungen ugepasst ass. A sengem Virtrag weist eis den Hobbyfotograf Fernand Schoos en Deel vun de Biller, déi hien op ville Reesen an Norwegen, Schweden a Finnland gemaach huet a geet och drop an wat fir eng skandinavesch Vullenaarten elo am Hierscht bei eis optauchen.

De Virtrag ass op Lëtzebuergesch an den Entrée ass frei. Nom Virtrag offréiere mir e Patt.

# Par ATERTDALL Sainte-CLAIRE

**CENTRE PAROISSIAL:** 40, Grand'rue L-8510 Redange-Attert
Site: https://cathol.lu/atertdall

**ÉQUIPE PASTORALE:**
Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-doyen Tél: 661 746 852 jjf@scj.lu
Père Antoine DO, vicaire T : +33 695 24 33 19 Mail : antoine.do@cathol.lu
Père Jacques BAGNOUD, subsidiaire Mail : jacques.bagnoud@cathol.lu
Père Vincent BILLOT, subsidiaire Mail : vincent.billot@cathol.lu

**SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES** **Tél: 23 62 10 53** / atertdall@cathol.lu Michèle ASSERAY, secrétaire
**KRANKEN- & ALTENPASTORAL** Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855 Marie Claire RASQUÉ
**NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / EQUIPE DE FUNÉRAILLES - URGENCES Tél. 621 686 102**

## Massen a Feierlichkeeten an der Par:

Donneschdig, den 1. Oktober um 19.00 Auer zu USELDENG: **Rousekranzgebied a Gedenkmoment fir all Verstuerwen aus der Gemeng Useldeng (2025/26)**
*Org.: KaD Gemeng Useldeng*

Sonndig, de 4. Oktober um 10.45 Auer zu USELDENG: Houmass zu Éier vum Hl. Franziskus
**Sonndig, den 11. Oktober zu USELDENG:** *(D'Auerzäit gëtt nach festgeluegt)*
**Houmass fir d'Commémoratioun, uschléissend ass d'Gedenkfeier beim Monument**
Dënschdeg, den 20. Oktober um 18.30 Auer zu IEWERLENG: Mass

Dënschdeg, den 13. Oktober um 19.30 Auer an der Aula zu Réiden:
**Konferenz mam Thema: „Patientenverfügung“** *Org.: ACFL Par Atertdall*

## Ausstellung: *D'Lourdes-Grotten an der Par Atertdall Sainte Claire*

**Kropemannsfest – Sonnden, den 27. September**
**vun 9.00 Auer bis 18.00 Auer an der Kierch zu Réiden**






D'Ausstellung weist déi **13 Lourdes-Grotten** aus der Par Atertdall Sainte Claire mat

- **Historischen Dokumenter, Fotoen aus de verschiddenen Dierfer**
- **Chronologien an Opbaugeschichten**
- **Neier Broschür mat kompletter Dokumentatioun**

**Dierfer déi vertruede sinn :**
Nagem – Ell – Beckerich – Nidderpallen – Rippweiler – Useldeng – Viichten – Préizerdaul
Randschelt – Bëschrued (2) – Réiden (net méi existent) – Roodt

**Firwat laanscht kommen?**

D'Ausstellung ass ideal fir:§

- **Leit aus der Par**, déi hir lokal Geschicht wëlle gesinn
- **Historiker a Veräiner**
- **Familljen a Kanner**, déi e kulturellen Entdeckungsdag wëllen maachen

***Kontakt:*** *Michel Lallemand GSM: 621 296 682 E-Mail: michlall@pt.lu*

De Masseprogramm fannt Dir an eisem Parbréif oder um Internet https://web.cathol.lu/article8890

TEXT & FOTO: RÉIDENERJUGENDTREFF

# Réidener Jugendtreff

La Maison des Jeunes de Redange est un espace de rencontre, de découverte et d'épanouissement destiné aux jeunes âgés de 12 à 26 ans encadrer par des éducateurs. Plus qu'un simple lieu de loisirs, elle offre un environnement où chacun peut s'exprimer, développer ses talents et participer activement à la vie de la structure.

L'une de nos priorités est de travailler en fonction des demandes et des envies des jeunes. Nous les encourageons à proposer des idées, à participer à l'organisation des activités et à s'investir dans les projets qui les motivent. Cette approche permet de créer un programme dynamique, adapté à leurs centres d'intérêt et à leurs besoins.

Tout au long de l'année, la Maison des Jeunes propose des activités régulières. Chaque mercredi, pendant la période scolaire, de 17h30 à 19h00, les jeunes se retrouvent au hall sportif de Redange pour pratiquer le football. En parallèle, un atelier de danse est également organisé, offrant une alternative créative et sportive.

Chaque vendredi, plusieurs ateliers sont proposés. Un atelier couture permet aux participants de créer des vêtements et accessoires en vue d'un futur défilé de mode, tandis qu'un atelier artistique est consacré à la réalisation des décors et des éléments de décoration qui accompagneront cet événement. Ces projets favorisent la créativité, le travail en équipe et la valorisation des compétences de chacun.

Au quotidien, les jeunes peuvent également profiter des différents espaces de la Maison des Jeunes. Ils ont accès à un billard, un kicker, des consoles PlayStation et Nintendo Switch, ainsi qu'à une salle de musique, où ils peuvent découvrir, pratiquer ou partager leur passion musicale.

L'accès à la Maison des Jeunes est gratuit. Seules certaines activités spécifiques ou sorties nécessitent une participation financière afin de couvrir les frais d'organisation.

Au-delà des activités hebdomadaires, nous mettons en place des projets d'envergure qui permettent aux jeunes de vivre des expériences uniques. Nous organisons notamment des actions de récolte de fonds afin de financer des voyages, des vacances ou des city trips. Certains de ces déplacements s'inscrivent dans des projets à vocation humanitaire,







offrant aux participants l’occasion de découvrir d’autres cultures tout en s’engageant dans des actions solidaires.

La Maison des Jeunes de Redange travaille également en étroite collaboration avec les Maisons Relais de la région, afin de renforcer les liens entre les différentes structures et de proposer des activités complémentaires aux jeunes du territoire.

Que ce soit pour se détendre, rencontrer d’autres jeunes, développer une passion, participer à un projet ambitieux ou simplement passer un bon moment, la Maison des Jeunes de Redange est ouverte à tous les jeunes de 12 à 26 ans. Chacun y trouve sa place et peut devenir acteur des projets qui font vivre la maison au quotidien.

Heures d’ouvertures en période scolaire
- Lundi et mardi 12.00-18.00
- Mercredi et jeudi 12.00-19.00
- Vendredi:12.00-20.00
- Samedi: 12.00-18.00 (ou activtés extérieures)

Heures d ouvertures en période vacances
- Lundi- vendredi 12.00-18.00 (sauf en cas d’activités)

Insta: reidener.jugendtreff
Facebook: Reidener Jugendtreff





TEXT: SERVICE TOURISME KANTON RÉIDEN / FOTO: CAROLINE ROEMEN

# Réckbléck: Weekend vum Wëlle Westen 2026

Den 28. Juni 2026 huet de Weekend vum Wëlle Westen am Musée Thillenvogtei zu Randschelt stattfonnt an huet vill Visiteuren ugezunn. Dëst Fest gouf vum Service Tourisme a Service Vivre Ensemble vum Kanton Réiden organiséiert.

Ee groussen Highlight war déi offiziell Ouverture vum neie Gîte Randschelt, deen no enger Renovatioun seng Dieren opgemaach huet an och elo gebucht ka ginn.

De ganze Site war den Dag iwwer mat Liewe gefëllt: touristesch Partner, Veräiner an Aussteller hunn hir Offere presentéiert an de Visiteuren Ablécker an d'Villfalt vum Wëlle Westen ginn. Och d'Buerg Useldeng war dëst Joer nees mat engem Stand vertrueden an huet Reklamm fir seng verschidde Visitten esou wéi de neien Escape Room gemaach. Kennt Dir dësen nach net? Mei Informatioune kritt Dir per Mail: buerg@useldeng.lu

Fir eng flott Ambiance hunn och déi musikalesch Optrëtter vun der Musikschoul Kanton Réiden, Les Gavroches a Powerblech gesuergt.



E grousse Merci geet un all touristesch Partner, Veräiner, Benevollen, Kënschtler, Gemengen an Aussteller, déi mat hirem Asaz zum Erfolleg vun dëser Editioun bäigedroen hunn.

Natierlech wëlle mir eis och bei all de Visiteure bedanken, déi dësen Dag mat eis verbruecht hunn.

**Info**

**TouristInfo Wëlle Westen**

T +352 28 33 45
tourisme@kanton-reiden.lu

Méi Informatiounen
www.visitwellewesten.lu
FB@visitwellewesten







# MIA & EMIL ON TOUR
# Entdeckertouren fir d'ganz Famill



**Kommt mat op spannend Touren an der Regioun Wëlle Westen, déi Natur, Geschicht a Rätselen op eng interaktiv Manéier verbannen.**




**<u>START ELO!</u>**

**1) Gitt op www.visitguttland.lu oder scannt de QR-Code**

**2) Lued déi spannend Geschichten an Touren erof (LU, DE & FR)**

**3) Start de Quiz op der Useldenger Buerg!**



Quiz aner Gemengen

Quiz Useldeng

LEADER Wëlle Westen

Cofinancé par l'Union européenne

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture

Kanton Reiden Tourisme

# Internet ∘ Telefon Telekommunikatiouns-rechter Sécherheet

**Internet ∘ téléphone ∘ droits Telecom ∘ sécurité**

**Internet ∘ mobile ∘ telecom rights ∘ security**

GEMENG USELDENG

**Info**

Dëse Set Kaarten kritt dir gratis op der Gemeng




MYCONNECTIVITY

**Dir mengt, Dir wësst alles?**

**Vous pensez tout savoir ?**

**Think you know it all?**

**myco.lu/box**

# Helfen Sie mit!
# *Participez et contribuez !*

SICONA Naturschutzsyndikat

## Helfen Sie beim Arten- und Biotopschutz in Ihrer Gemeinde!



Blumenwiesen sind ein Hingucker für Jedermann. Naturnahe Weiher bieten zahlreichen Amphibien, Wasservögeln und aquatischen Pflanzen ein Zuhause. Streuobstwiesen sind für Fledermäuse und den Steinkauz unverzichtbar. All diese Lebensräume sind bedeutende Nahrungsquellen und Rückzugsorte für zahlreiche Insekten und andere Tiere.

Um diese Lebensräume zu erhalten, ist eine angepasste, extensive Bewirtschaftung notwendig. Da sie immer seltener werden, ist eine Wiederherstellung dringend erforderlich. Staatliche Förderprogramme wie der „Klimabonus Mouer a Wiss" unterstützen diese Bemühungen.



**Sie möchten zur Erhaltung unserer heimischen Pflanzen- und Tierwelt beitragen und besitzen ein Grundstück, das Sie dem Naturschutz zur Verfügung stellen möchten?**

**Das Naturschutzsyndikat SICONA kann Ihnen mit der Finanzierung durch Ihre Gemeinde und des Umweltministeriums kostenlos eine artenreiche Blumenwiese, ein naturnahes Gewässer oder eine Streuobstwiese in der Grünzone anlegen. Melden Sie sich gerne bei uns per E-Mail oder Telefon: administration@sicona.lu - 26 30 36 25**

Weitere Informationen auf sicona.lu
Das Naturschutzsyndikat SICONA besteht aus 44 Mitgliedsgemeinden im Südwesten und Zentrum Luxemburgs. Ziel von SICONA ist die Erhaltung der heimischen Biodiversität. Pflegearbeiten und Renaturierungen von naturnahen Lebensräumen sind Schwerpunkte der Arbeit von SICONA.

## Participez à la protection des espèces et biotopes dans votre commune !



Les prairies fleuries sont de véritables petits paradis et les zones humides constituent des habitats précieux pour les amphibiens, oiseaux et plantes aquatiques. Par ailleurs, les vergers sont essentiels pour les chauves-souris et chouettes chevêches. Tous ces habitats constituent des sources de nourriture et abris pour de nombreux insectes et autres animaux.

Une exploitation adéquate et extensive est indisponsable à la préservation de ces habitats qui sont de plus en plus rares et dont la renaturation est une urgence. Les programmes d'aides publics, tel que « Klimabonus Mouer a Wiss », encouragent ces efforts.




**Vous souhaitez vous engager pour la sauvegarde de nos plantes et animaux indigènes et vous êtes propriétaire d'une surface que vous aimeriez mettre à disposition de la protection de la nature ?**

**Le Syndicat intercommunal pour la conservation de la nature SICONA peut vous aménager gratuitement avec l'aide financière de votre commune et du ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité une prairie fleurie, un plan d'eau naturel ou un verger en zone verte. Contactez-nous par courriel ou par téléphone : administration@sicona.lu - 26 30 36 25**

Plus d'info sur sicona.lu
Le Syndicat intercommunal pour la conservation de la nature SICONA regroupe 44 communes membres situées au sud-ouest et centre du Luxembourg. L'objectif consiste à préserver la biodiversité locale. Les travaux d'entretien et la renaturation d'habitats naturels sont au coeur du travail de SICONA.

GEMENG USELDENG

KANTON REIDEN
ENVIRONNEMENT




# Le simulateur solaire : planifier votre installation solaire pour optimiser votre autoconsommation

Produire sa propre électricité devient de plus en plus pertinent pour les ménages face aux défis énergétiques actuels. Afin de les aider à devenir plus indépendants énergétiquement et à planifier correctement leur installation solaire, le simulateur solaire a été développé.

En effet, le **bon dimensionnement** ainsi que la combinaison avec d'autres mesures de décarbonation (telles que la pompe à chaleur ou la mobilité électrique) sont essentiels pour exploiter pleinement le potentiel d'une installation photovoltaïque. Une installation trop petite limite les économies possibles, tandis qu'une installation surdimensionnée augmente les injections dans le réseau et réduit la rentabilité de votre investissement. Cet équilibre est d'autant plus important que, dans le nouveau régime d'aides Klimabonus, le subside est lié à la puissance installée et plafonné à 10.000 € à partir de 15 $kW_c$.

Il est important de se poser quelques questions avant de se lancer.

- Quelle puissance installer ?
- Faut-il couvrir toute la toiture ?
- Une batterie est-elle pertinente ?
- Quel niveau d'indépendance peut-on atteindre ?

Le **nouveau simulateur solaire** Klima-Agence permet d'explorer ces questions de manière personnalisée et interactive. Il offre la possibilité de simuler l'interaction entre les principaux postes de consommation d'électricité et une installation photovoltaïque, avec ou sans batterie.

L'objectif est clair : aider à identifier une configuration cohérente, adaptée à votre profil de consommation d'électricité et à vos usages actuels ou futurs, notamment en cas d'intégration d'une pompe à chaleur ou d'un véhicule électrique.

L'outil donne une base de dimensionnement pour un projet solaire. Il ne remplace pas une étude technique détaillée, mais il permet de mieux comprendre les ordres de grandeur, les effets des choix techniques et les leviers d'optimisation.

Le parcours est structuré et intuitif :

- **données de base** – adresse du bâtiment pour estimer le potentiel de la toiture et indication du profil de consommation ;
- **installation photovoltaïque** – proposition de puissances disponible et recommandée, avec possibilité d'ajustement ;
- **composants et paramètres** – intégration d'une batterie, des installations techniques (chauffage, eau chaude, ventilation), de la mobilité électrique ainsi que des paramètres économiques, comme le mode de subvention, le prix de l'électricité, l'estimation des coûts totaux de l'installation.

Tout au long de la simulation, les résultats sont actualisés en temps réel : rentabilité, degré d'indépendance énergétique et taux d'injection dans le réseau. Différents scénarios peuvent ainsi être testés et comparés afin d'identifier les options les plus pertinentes. À la fin, une vue détaillée avec graphiques et recommandations vous est proposée.

En permettant de tester plusieurs configurations, le simulateur facilite une prise de décision informée avant tout investissement.

Découvrez le simulateur solaire :
**solar.klima-agence.lu**

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Conseil indépendant et gratuit**
klima-agence.lu • 28 33 44

# SAMMELSTELL FIR GRÉNGSCHNËTT

## Wéi trennt ee richteg?

Op de lokale Sammelstelle gëtt de Gréngschnëtt an dräi Kategorie getrennt.
Hei drënner fannt Dir eng Lëscht vun den akzeptéierten Offäll fir all Kategorie:

### 1. Strauchschnëtt

- ✓ Kleng a grouss Äscht
- ✓ Äscht mat Blieder drun
- ✓ Heckeschnëtt
- ✗ Gras
- ✗ Buedem a Steng
- ✗ Lasse Blieder
- ✗ Onkraut
- ✗ Laang Grieser

### 2. Gaardenoffäll

- ✓ Gras mat Blieder
- ✓ Gras mat Onkraut
- ✓ Laang Grieser
- ✓ Gehäckselt Holz
- ✓ Dauerhaft-gréng Hecken
- ✓ Moos
- ✓ Blummen ouni Buedem
- ✓ Blieder
- ✓ Mulch (vu privat Leit)
- ✓ Aner Planzenoffäll
- ✗ Buedem a Steng

### 3. Grasschnëtt

- ✓ Geméinte Gras
- ✗ Gras mat Buedem
- ✗ Gras mat Blieder
- ✗ Gras mat Onkraut
- ✗ Laang Grieser

**Net acceptéiert op der Sammelstell :**

- Buedem / muss op enger Bauschutt-Deponie entsuergt ginn
- Mulch vun ëffentleche Spillplazen / *muss als Sperrmüll entsuergt ginn*
- Seemiel / *muss als Sperrmüll entsuergt ginn*
- Wuerzelen / *Kontaktéiert w.e.g. de SIDEC*

**Wat geschitt mat ärem Gréngschnëtt?**
Mam Grasschnëtt gëtt an enger Biogasanlag Energie produzéiert.
Aus de Gaardenoffäll gëtt Kompost gemat an aus dem Strauchschnëtt gëtt Kompost a gehäckselt Holz gemat.

SIDEC

Info

**Collecte de déchets verts :**
**Beim alen Atelier**
Rue de la Gare, Useldange
02.03.2026 – 30.11.2026
Mardi & Jeudi : 14h00 – 18h00
Samedi : 11h00 – 18h00

Gutt ze wëssen

# Save the date

## September

### 15.09 — DË

**Kaffi a Croissant fir d'Elteren**

- Useldeng Buvette Sportshall
- APECU

### 22.09 — DË

**Zesummen Aktiv an d'Schoul**

- an all Duerf
- Commission de l'environnement de la circulation et des chemins communaux

*Méi Informatiounen Säit 57*

### 23.09 — MË

**Spillowend a gudder Gesellschaft**

- Iewerlenger Schoulbistro
- Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen

### 24.09 — DO

**Musikaleschen Afterwork**

- Useldeng am Buerghaff
- Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen

*Donneschdes, de 24. September 2026 fënnt zu Useldeng am Buerghaff e musikaleschen Afterwork statt mat Lëtzebuerger Lidder am Kader vum Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch organiséiert vum Vivre-ensemble interculturel vum Réidener Kanton an der Gemeng Mäerzeg (17h00 - 22h00)*

### 25.09 — FR

**Afterwork**

- Useldeng Footbalterrain
- FC Jeunesse Useldeng

### 29.09 — DË

**Senioreniessen**

- Useldeng Buvette Sportshal
- Senioreforum



# Oktober

## 04.10 — SO

**Iewerlenger Schoulbistro ass op**

- Iewerleng
  Al Schoul
- Iewerlenger
  Bréckestäiler

## 10.10 — SA

**Zoppenowend**

- Iewerleng
  Centre Culturel
- Senioreforum

## 09.10 — FR

**Filmowend Desertion ManuKultura**

- Useldeng
  Cabaret Sall
  19H30 / Gratis
- Kultur a Buergfrënn

*Filmowend mat uschléissender Diskussioun iwwert de Film „Desertion“. Mam Chantal Lorang & Marc Erang.*

*Desertion: Nach dem Zweiten Weltkrieg erinnert sich ein Militärseelsorger an den jungen Luxemburger Josy Lorang, der zwangsweise in die Wehrmacht eingezogen und an die Ostfront geschickt wurde. Traumatisiert von den Gräueltaten an der Zivilbevölkerung beschließt Josy zu desertieren…*

*Umeldung: manukultura@useldeng.lu*

## 11.10 — SO

**Journée Commémorative**

- Useldeng
  Centre Culturel / Kierch
  9h30
- Gemeng / Kultur
  a Buergfrënn

## 15.10 — DO

**Generalversammlung APECU**

- Useldeng
  Buvette Sportshal
- APECU

## 24.10 — SA

**Moieskaffi a gudder Gesellschaft**

- Ierwerleng
  Schlass
- Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen

*Adress: 2a, rue principale L-8715 Everlange*

*Mir starten zesummen an den Dag.*

*D'Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen Useldeng invitéiert dech häerzlech op e Frühstücksbuffet.*

*Participatioun: 10 Euro*

*Umellen bis den: 18. Oktober christiane.harpes@useldeng.lu 621 216 699*

## 25.10 — SO

**Sport-Parcours fir jiddereen**

- Useldeng
  Sportshal
  9h00 – 11h00
  ouni Umeldung
- Jugend-, Sport- a Familljekommissioun

## 27.10 — DË

**Senioreniessen**

- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

## 31.10 — SA

**Kürbisschnitzen**

- Iewerleng
- Iewerlenger
  Bréckestäiler



Moiseskaffi a gudder Gesellschaft

# November




### 01.11 — SO
**Iewerlenger Schoulbistro ass op**
- Iewerleng
  Al Schoul
- Iewerlenger
  Bréckestäiler

### 02.11 — MÉ
**Allerséilen**
**Night of the Saints**
- Useldeng
- Kierch am Duerf

### 07.11 — SA
**Swinging Castle**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Northern Bigband /
  Club d. jeunes

### 08.11 — SO
**Iewerlenger Schoulbistro ass op**
- Iewerleng
  Al Schoul
- Iewerlenger
  Bréckestäiler

### 12.11 — DO
**Porte-Ouverte**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

### 14.11 — SA
**Kniddelowend**
- Iewerleng
  Centre Culturel
- Club des jeunes
  Useldeng

### 15.11 — SO
**Rippweiler Kiermes**
- Rippweiler
- Chorale Rippweiler

### 20. › 22.11
**Commune Art**
- Useldeng
- Kultur a Buergfrënn

### 24.11 — DË
**Senioreniessen**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

### 28.11 — SA
**Niklosfeier**
- Iewerleng
- FC Jeunesse Useldeng

### 29.11 — SO
**Chrëschtmaart**
- Useldeng
  Centre Culturel
- Harmonie Useldeng

# Dezember

### 03.12 — DO
**Niklosfeier**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

### 04. + 05.12
**Chrëschtdag op der Buerg**
- Useldeng
- Kultur a Buergfrënn &
  Veräiner

### 06.12 — SO
**Iewerlenger Schoulbistro ass op**
- Iewerleng
- Iewerlenger
  Bréckestäiler

### 17.12 — DO
**Chrëschtfeier mat Mëttegiessen**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

### 29.12 — DË
**Senioreniessen**
- Useldeng
  Buvette Sportshal
- Senioreforum

# Telefonsbuch

## Gemeng Useldeng
Tél.: 23 63 00 51-1

## Populatioun
- Tom Lehnert
  Tél.: 23 63 00 51-24
  tom.lehnert@useldeng.lu
  Mar : 13h > 19h
  Lun / mer / jeu / ven: 8h > 12h

## Sekretariat
- Marco Versall
  Tél.: 23 63 00 51-60
  marco.versall@useldeng.lu
- Daniel Philippe
  Tél.: 23 63 00 51-26
  daniel.philippe@useldeng.lu
- Bob Waltzing
  Tél.: 23 63 00 51-25
  bob.waltzing@useldeng.lu

## Recette communale
- Tessy Anen
  Tél.: 23 63 00 51-23
  tessy.anen@useldeng.lu

## Service technique
- Marc Ferber
  Tél.: 23 63 00 51-22
  marc.ferber@useldeng.lu
- Luca Denelle
  Tél.: 23 63 00 51-27
  luca.denelle@useldeng.lu

## Relations publiques
- Jil Peiffer
  Tél.: 23 63 00 51-61
  jil.peiffer@useldeng.lu

## Gemengenatelier
- Jean-Claude Ferber
  Tél.: 621 350 920
  jean-claude.ferber@useldeng.lu

## Schoulkomplex & Sportshal
- Olivier Pradier
  Tél.: 621 350 921
  olivier.pradier@useldeng.lu

## Primärschoul
Tél.: 26 61 14-1

## Maison Relais
Tél.: 26 61 14-50 / 621 350 927
maison.relais@useldeng.lu

## Fierschter
- Mike Van Rijen
  Tél.: 24 75 67 33 / 621 202 199
  mike.van-rijen@anf.etat.lu

KANTON RÉIDEN

## Mobilité
Tél.: 28334-040

## Logement (Haus Care)
Tél.: 28334-120

## Vivre Ensemble
Tél.: 28334-210

## Environnement - Conseil énergie
Tél.: 28334-4

## Environnement - Primes électroménagers
Tél.: 28334-430

## Tourisme
Tél.: 28334-5

## Registre national des personnes physiques (RNPP) / Myguichet.lu
Tél.: 24 78 20 00

## Chèque Service
Tél.: 80 02 11 12

## Office Social du Canton de Redange (OS CARE)
Tél.: 26 62 10 55-1

## Centre paroissial
Fir Begriefnisser:
Tél.: 621 686 102

## SIDEC Réiden
Tél.: 26 62 09 13

## SIDEC Fridhaff
Tél.: 80 89 83-1

## Maison de l'eau de l'Attert a.s.b.l.
Tél.: 26 62 08 08

## Home pour personnes agées St. François Redange
Tél.: 27 13 40 00

## Mobilitéit.lu
Tél.: 24 65 24 65

## Police
Tél.: 113

## Police Réiden
Tél.: 24 49 21 000

## Pompiers/Ambulance
Tél.: 112

GEMENG
USELDENG

www.useldeng.lu